



Guide du Futur Diplômé

EDITION 2018 - 2019





CHAMBRE DES SALAIRES
LUXEMBOURG

UNE INSTITUTION QUI DÉFEND ÉGALEMENT LES INTÉRÊTS DES ÉTUDIANTS

SA PRINCIPALE MISSION EST DE REPRÉSENTER ET DE SAUVEGARDER LES INTÉRÊTS DE SES 500.000 RESSORTISSANTS : LES SALARIÉS, APPRENTIS ET RETRAITÉS.

ELLE EST VOTRE VOIX DANS LA PROCÉDURE LÉGISLATIVE ET DANS DE NOMBREUSES INSTITUTIONS SOCIOÉCONOMIQUES DU PAYS.

Elle met à disposition gratuitement des guides pratiques et ouvrages dédiés :

- aux aides financières pour études supérieures
- aux droits et obligations des apprentis et aux contrats d'étudiants
- au droit du travail
- à l'analyse de l'évolution économique et sociale du pays.

Elle organise des conférences publiques touchant aussi bien le domaine de l'économie et de la finance que le monde du travail et de l'éducation et celui du bien-être et santé au travail.

Elle permet aux étudiants intéressés de suivre les actualités socioéconomiques du Luxembourg à travers ses différentes newsletters :

ABONNEZ-VOUS gratuitement aux newsletters ou téléchargez les dernières éditions.

www.CSL.lu



Elle propose des formations continues en complément de votre formation initiale :

cours du soir, séminaires, masters et bachelors, certifications.

www.LLILC.lu



REJOIGNEZ
LA CSL

18 rue Auguste Lumière
L-1950 Luxembourg
T 27 494 200
F 27 494 250
www.csl.lu

VIRWUERT VUN DER ACEL



Nora Hansen
Vizepresident Informatioun



Gilles Johann
Comitésmember



Michel Logeling
Comitésmember

Léif Lieserinnen,
Léif Lieser,

Dir haalt grad déi aktuell Versioun vum „Guide du Futur Diplômé“ an der Hand. Déi éischt Editioun vun dësem Guide ass 1999 vun der Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) erausbruecht ginn.

Zu senge Studie gehéiert net nëmmen d'Ausbildung mee natierlech och dat wat dono kennt. Fir de Studenten hire Wee an d'Beruffsliewen ze vereinfachen an och fir all méiglech Froen doriwwer ze beäntweren ass de „Guide du Futur Diplômé“ erausbruecht ginn. An dësem Guide gi vill vun de Froen op Lëtzebuergesch beäntwert, fir de Start an d'Beruffsliewen esou einfach wéi méiglech ze gestalten.

Déi Informatiounen déi an dësem Guide ze fanne sinn, si vun enger Rëtsch Entreprises an Institutiounen aus Lëtzebuerg gesammelt ginn, fir dass een net lenks a riets alles zesummesiche muss mee alles zesummen op enger Plaz fënnt.

Natierlech sinn all dës Äntwerte just Richtlinnen. Sollten sech trotzdem nach Froen erginn oder Saache feelen, si mir fir all Feedback dankbar. Ënnert der E-Mail-Adress contact@acel.lu si mir gäre fir Froen oder Proposen disponibel.

Mir wënsche vill Spaass beim Liese vun der aktueller Editioun an hoffen, dass sou vill Froen wéi méiglech duerch dëse Guide beäntwert ginn.



**« VALORISEZ
VOS TALENTS
DE TOUTES
LES MANIÈRES
POSSIBLES. »**



Les CFL offrent aux jeunes la possibilité d'intégrer une entreprise dynamique et passionnée dans un environnement de travail varié avec une multitudes de métiers.

Découvrez nos offres sur www.jobscfl.lu

**NOS CLIENTS
NOTRE PASSION
#MYJOB**

WWW.JOBSCFL.LU





Nicolas Schmit

Ministre du Travail et de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

Léif Lieserinnen,
Léif Lieser,


Dir haalt grad déi aktuell Versioun vum « Guide du Futur Diplômé » an der Hand. Dëse Guide ass déi éischte Kéier 1999 vun der Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) erausbruecht ginn an 2015 komplett iwwerschaaft an op Lëtzebuergesch iwwersat ginn. Ech hat d'Méiglechkeet zesummen mat der ACEL och e Projet de Loi iwwert Stagen auszeschaffen an ech hoffen datt deen nach duerch d'legislativ Prozedur kann goen.

Dir sidd un engem Schlësselmoment vun ärem Liewen ukomm: den Iwwergang vun der Schoul oder Uni an d'Beruffsliewen. Et ass keen einfachen Défi. Dir hutt iech während Joren preparéiert an iech d'Kompetenzen an d'Wëssen vun ärem Fach ugëeegent. Lo ass de Moment komm, dëst an der Praxis unzewennen an hoffentlech engem Beruff nozegoen deen iech Satisfactioun bréngt.

Dësen "Guide du Futur Diplômé" wäert iech bei dëser Transitioun ënnerstëtzen. Dir fannt zum Beispill nützelech Tipps fir är Stärken beim CV an der Lettre de motivation ze valoriséieren oder är Virstellungsgesprécher ze preparéieren. Dir fannt och wichteg Informatiounen iwwert är Rechter a Flichten als Salarié(e). Wann dir iech vläicht selbststänneg maachen wëllt, fann dir och heizou praktesch Informatiounen wéi dir eng eegen Entreprise op d'Been stellen kënnt.

Ech wënschen iech op alle Fall eng gutt Lecture, an virun allem vill Erfolleg fir är professionell Zukunft.

IMPRESSUM



ACEL
de Studentevertrieder

ÉDITEUR

Association des Cercles
d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

E-mail : contact@acel.lu
Site Internet : www.acel.lu

TIRAGE

5000 exemplaires

COORDINATION

Nora Hansen, Gilles Johann, Michel Logeling

RÉALISATION

Printsolutions

COVER PHOTO

shutterstock.com

PUBLICITÉ

regie.lu s.a.

IMPRIMERIE

Printsolutions

REMERCIEMENTS

Mir soe jidderengem Merci, deen eis bei der Realisatioun vum „Guide du Futur Diplômé“ gehollef huet. Ouni lech wier dës Publikatioun net zustane komm.

Merci soe mir folgenden Institutiounen, fir d'Schreiw an d'Iwwerpräiwe vun den Texter: Dem MESR, dem ML, der ACA, der ADEM, der Administration des contributions directes, der CNS, der Compétence ASBL, der CSL, dem CCSS, der CNAP, dem FNR an dem House of Entrepreneurship, esou wéi all deenen aneren, déi eis gehollef hunn, dëse Guide op d'Been ze stellen.

E grouse Merci soe mir och all eise Sponsoren a besonnesch dem Groupe Saint-Paul Luxembourg, genau esou ewéi eisem Haaptpartner, der Spuerkeess.

Ouni hir Ënnerstëtzung wier et net méiglech gewiescht, dëse Guide erauszebréngen.



INHALT

WAT ASS D'ACEL?

10

ECH WËLL SCHAFFE GOEN

12

Eng Aarbecht sichen	13
» Wou informéieren ech mech?	13
Sech fir eng Plaz mellen	15
» Wourauser besteet eng Kandidatur?	15
Virstellungsgespréich a Selektiounsoutilen	18
» Virstellungsgespréich	18
» Wat gëtt et vun aneren Outilen?	21
Unerkennung vun den Diplomer hei zu Lëtzebuerg	21
» Homologatioun vum Diplom	21
» Aschreiwung vum Diplom um Régistre des titres	22
Strofrëgester (casier judiciaire)	22

ECH HUNN ENG AARBECHT FONNT, ELO KOMMEN D'PAPERASSEN

24

Kontrakt	25
» Wat muss am Kontrakt stoen?	25
» Kontraktformen	25
Proufzäit	27
Aarbechtsdokter (médecin du travail)	30

MENG RECHTER ALS SALARIÉ

32

Mäi Salaire	33
» Prinzip vun der Quellesteier	33
» Vum Bruttoloun op de Nettoloun	33
» Wat gëtt alles vu mengem Bruttoloun ofgerechent?	33
» Mindestloun	33

Sozialcotisatiounen	34
» Sozialversécherung.....	34
» Caisse nationale de santé (CNS)	35
Pensioun	38
» Wéi eng Assurancen ginn et?	39
Steieren	40
» Wéi, wou, wat, firwat?	40
» Steuererklärung an Décompte annuel	41
Mäi Congé	42
» Jäerlechen Erhuelungscongé	42
» Extra Congéen	42
Krankheet	43
» Wéi, wou, wat, firwat?	43
Formatioun	44
» Individuelle Formatiounscongé (Congé individuel de formation)	45
» Congé sans solde pour formation	45
Chômage	46

ECH HUELE MÄI LIEWE SELWER AN D'HAND 48

Assurancen	49
» De Secteur vun den Assurancen zu Lëtzebuerg	49
» Haftpflicht	49
» Assurancen um Auto	49
» Zousazversécherungen.....	50
» D'Association des Compagnies d'Assurances et de Réassurances du Grand-Duché de Luxembourg	50
Ënnerstëtzung	50
» Chambre-professionnelle	50
» Gewerkschaften	51
Logement	52
» Eng Wunneng fannen	52
» Eng Wunneng lounen	52
» Eng Wunneng kafen	52
» Wunnengsbäihëllefen.....	52
» Subventionéiert Wunnengen an d'Gestion locative sociale.....	53

ECH MAACHE MECH SELBSTÄNNEG (FRÄIBERUFFLER / INDEPENDANT)

54

Meng eegen Entreprise grënnen	55
House of Entrepreneurship – ONE-STOP SHOP	55
» Vun der Iddi bis zur Selbstännegkeet	55
» Accès zu reglementéierte Beruffer: Autorisation d'établissement	55
» Wéi eng Rechtsform (forme juridique) auswielen?	56
» Entreprise am eegenen Numm	56
» Handelsgesellschaften	56
» Kapitalgesellschaften	56
» Hybrid Gesellschaften	56
» Administratiounen	58
Luxinnovation	58

CHERCHEUR GINN

60

Déi éischt Schrëtt a Richtung Chercheur	61
» Wie muss ech kontaktéieren?	61
» Déi verschidde Méiglechkeete fir e Posten an der Recherche ze fannen	61
» Wéi kommen ech u finanziell Ënnerstëtzung zu Lëtzebuerg?	61
» Wat fir Precautiounen muss ech huelen?	61

AB
17,91
€/MOUNT

ENG NEI ETAPP AN ÄREM LIEWEN. OUNI STRESS, DANK DER CMCM.

D'Studië quasi fäerdeg, en éischten Job en vue. Nei Responsabilitéiten, nei Challenges an nei Kollegen. Finanziell Onofhängegkeet. Reesen, entdecken an Aventuren.

D'CMCM, Är Gesondheetsmutuelle ass op Ärer Säit wann et heescht Doktesch-, Zänn doktesch- a Klinikskäschten ze decken, heiheem an am Ausland. A mam Service CMCM-Assistance, dee gratis am Basispackage mat dran ass, kënnt dir Är Vakanze voll genéissen. De medikaliséierten Transport an de Rapatriement ass mat dran, an dat ouni Limitten. An säit kuerzem ass d'Annulation Voyage och inclus. Vergiesst net Member bei der CMCM ze ginn!

Méi Detailer fannt Dir op: www.cmcm.lu



Jiddereen
ass wëllkomm



Kee medezineschen
Test



Consultatioun
am Ausland



Medikaliséierten
Transport



Hospitalisatioun bis zu
100.000€/Noutfall



Rapatriement


Do, wann Dir eis braucht.

Follow us [cmcm_luxembourg](https://www.facebook.com/cmcm_luxembourg) [@cmcm_lu](https://www.instagram.com/cmcm_lu) [cmcm_lu](https://twitter.com/cmcm_lu)

CMCM

ÄR GESONDHEETSMUTUELLE
ZANTER 1956

WAT ASS D'ACEL?



WAT ASS D'ACEL?

Mir sinn d'Studente vu Lëtzebuerg, déi sech an iwwer 40 Cercle ronderëm d'Welt zesumme fonnt hunn, fir Studenten zesummenzebréngen, ze informéieren an ze representéieren.

Aus engem Grappvoll engagéierte Studenten, déi 1984 decidéiert hunn, sech zesummenzodoe fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun entstanen, déi net méi aus dem Lëtzebuergesche Studentemilieu ewechzedenken ass. Dëst ass eng eenzegaarteg Situatioun, déi grouss Virdeeler mat sech bréngt.

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois - d'ACEL - vertritt haut iwwer 40 Studentecerclen, déi duerch déi ganz Welt verspriet sinn. D'„Cercles“ bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op aacht Länner verdeelt. Et fënnt ee se an der Belsch, a Frankräich, an Däitschland, a Lëtzebuerg, an der Schwäiz, an Holland, an Éisträich an a Groussbritannien.

Dës Vereenegungen empfänken d'Lëtzebuergesche Studente während hirer Studienzäit an de jeeeweilege Stied a bréngen se zesummen. Dernoft ginn et nach néng fachspezifesch Cercles (d'Medezinner, d'Ekonomisten, d'Juristen, d'Psychologen, d'Archivisten/Bibliothecairen, d'Ingenieuren, d'BTS'en, d'Historiker an d'Kommunikatiounsstudenten).

Dëst mécht d'ACEL zum gréissten a wichtegste Studentevertrieeder zu Lëtzebuerg.

Der ACEL hir dräi Haaptziler sinn:

MIR REGROUPÉIEREN

D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer, fir d'Studenten zesummenzebréngen an den Echange tëschent hinnen ze fërderen.

De gréissten Event am Joer ass sécherlech **de Studentebal**. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddenen europäesche Studentestied zesummen.



En anert wichteg Event ass den **Tournoi de Noël**, wou Equippen aus de verschiddenen Unisschied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen untrieden.

WAT ASS D'ACEL?

Zum Regroupement vun de Studente gehéieren natierlech och déi sëllegen Intercerclen, esou wéi d'Reunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois, déi all Joer ronn 150 Lëtzebuerger Studenten an enger europäescher Studentestad zesummebréngt.

MIR INFORMÉIEREN

Studenten an zukünfteg Studenten informéieren ass ganz wichteg fir d'ACEL.



Dofir kommen all Joers de **Guide du Futur Étudiant** an de **Guide du Futur Diplômé** eraus. Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an déi verschidde Lycéeën, fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

D'ACEL an hir Membercerclé sinn och all Joer op der **Foire de l'Étudiant** vertrueden, fir den zukünfteg Studenten esou vill wéi méiglech nützelech Informatiounen mat op de Wee ze ginn.

Schlussendlech weist d'ACEL bei hire **Student fir I Dag**-Reisen de Schüler zesumme mat de Lëtzebuerger Studenten op der Plaz hir zukünfteg Uni, de Campus an déi jeeweileg Studiestad.

MIR REPRESENTÉIEREN

D'ACEL vertritt d'Studenten virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter.

An dësem Kontext steet d'ACEL a regelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung. Och d'REEL gehéiert zum Pilier vun der Representatioun.

D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och Studenten am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten. D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht datt si keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertritt.

Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëll gerecht ginn.





ECH WËLL SCHAFFE GOEN

Nom Studium stellt ee sech oft eng ganz Rei Froen, fir déi richteg Aarbecht ze fannen – oder mol op der richteger Plaz ze sichen: An elo? Wou fänken ech u mat sichen? Wéi war dat nach méi mat dem CV? A wat ass e Motivatiounsbréif (lettre de motivation)? Wëll ech léiwer an den öffentliche Secteur oder awer an de private Secteur?

Den éischten Job fannen ass e wichtege Schrëtt, deem oft d'Weiche fir déi professionell Zukunft vu jonke Leit setzt. Éier een ufänkt mat sichen, muss een awer fir d'éischt entscheeden, wat ee wëll.

Wann s du nach net richteg decidéiert bass, wat s de maache wëlls oder wou däi Wee hiféiert, probéier e Patron ze fannen, deem der d'Méiglechkeet gëtt, verschidde Facettë vum Beruff duerch Formatiounen z'entdecken. Lifelong Learning gëtt hautdesdaags ëmmer méi wichteg, an et ass méiglech, am Laf vun enger professioneller Carrière komplett d'Richtung ze wiesselen.

» WOU INFORMÉIEREN ECH MECH?

Hautdesdaags fënnt een Jobofferen net nëmme méi an der Zeitung, mee virun allem um Internet. Oft hu Firmaen eng Internetplattform, iwwert déi ee seng Kandidatur kann eraschécken.

Et kann een sech awer och op Jobfoiren a Porte-ouvertes oder bei Bekannten informéieren. Och op soziale Netzwierker wéi LinkedIn kann ee flott Jobbe fannen.

INTERNET

Um Internet ginn et eng ganz Rëtsch Sitten, op deenen een no enger Aarbecht siche kann. Hei eng kuerz Opzielung, déi sécher net komplett ass, mee déi dir eng Iddi vun deene wichtigste Sitte soll ginn:

www.acel.lu/jobs

www.monster.lu

www.jobs.lu

www.jobsearch.lu

www.efinancialcareers.lu

www.eu.experteer.com

www.moovijob.com

www.jobserve.com

www.jobs.paperjam.lu

www.jobs.youth.lu

www.itone.lu

www.itjobs.lu

www.ictjob.lu

Portail de la Fonction publique

Internetsite: www.fonction-publique.public.lu

Secteurs

Association des Banques et Banquiers, Luxembourg www.abbl.lu

Commission de Surveillance du Secteur Financier www.cssf.lu

Association des Compagnies d'Assurances et de Réassurances www.aca.lu

Fedil Business Federation Luxembourg www.fedil.lu

Association of the Luxembourg Fund Industry www.alfi.lu

Chambre des Notaires www.notariat.lu

Ordre des Avocats www.mj.public.lu

Ordre des Experts-Comptables www.oec.lu

Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils www.oai.lu

Institut des réviseurs d'entreprises www.ire.lu

Association d'Ingénieurs www.aliai.lu

Jobcoachen

RTPH – Centre 16, rue Robert Stümper - L-2557 Lëtzebuerg

RTPH – Mamer 2, rue de la Gare - L-8216 Mamer

RTPH – Süd 8, rue Victor Hugo - L-4140 Esch-Uelzecht

RTPH – Nord 4, rue du Brabant - L-9213 Dikrech

Tel.: (+352) 261 876 10

info@rtph.lu

Inspection du Travail et des Mines

3, rue des Primeurs - L-2361 Stroossen

Tel.: (+352) 24 78 61 45

Fax: (+352) 49 14 47

Internetssite: www.itm.lu

CAREER DAYS

Vill grouss Firmaen organiséiere sougenannten „Career Days“ oder „Journée-de-recrutementen“. Dës si virun allem fir Jonker geduecht, déi deemnächst hire Studium ofschléissen an op der Sich no enger éischter Aarbecht sinn. Sou Deeg ginn dir d'Geleeënheet, d'Entreprisë méi genee kennenzelieren a gläichzäiteg un der Astellungsprozedur deelzehuelen. Oft müssen d'Participanten hei eng Rei Tester maachen, déi hir Kompetenzen a verschiddene Beräicher iwwerpréiwen, fir ze kucken, ob se bei d'Entreprise passen.

Tipp: Informéier dech scho virdrun, wat op deem Dag alles geschitt. Esou kanns du dech besser op eventuell Tester préparéieren an du weess, wat dech erwaart.

ADEM (AGENCE POUR LE DÉVELOPPEMENT DE L'EMPLOI)

Et ass net ëmmer einfach, nom Studium direkt eng Aarbechtsplaz ze fannen. Hei kann dir d'ADEM duerch verschidden Outilen hëllefen. Si ass en direkt Mëttel, dat all Mënsch zu deem Zweck zur Verfügung steet. Et ass dofir oft gutt, d'ADEM scho vum Ufank vun der Aarbechtssich un ze kontaktéieren, an net eréischt, wann ee wierklech näischt fënnt.

Bei der ADEM ginn et ënner anerem de Service Demandeurs d'emploi an de Club Emploi.

All d'Informatiounen zur ADEM an hire Servicier fënns du ënnert www.adem.lu.

Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?

Job Portal

...

op
jobs.acel.lu



WAT SOLL ECH ALS DIPLOMÉIERTE MAACHEN?

Soubal ee mam Studium fäerdeg ass, kann ee sech bei der ADEM umellen an a reegelméissegem Kontakt mat engem Conseiller professionnel stoen. Dëst déngt virun allem dozou, keng Zäit bei der Aarbechtssich ze verléieren.

Kuck um Site vun der ADEM (www.adem.lu), wat fir eng Agence fir dech responsabel ass, a mell dech do.

Wichtig! Och wann ee sech bei der ADEM ugemellt huet, soll a muss ee selwer weider no engem Job sichen.

WAT MÉCHT DE SERVICE DEMANDEURS D'EMPLOI?

De Service Demandeurs d'emploi mécht de Lien tëschent de Leit, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn - dat heescht dir - a potentiellen Employeuren. De Beroder hëlleft dir bei der Sich an informéiert dech iwwert deng Rechter. En encadréiert d'Leit, déi eng Aarbecht sichen, och andeems en hinnen hëlleft, hire professionnelle Projet ze definéieren a proposéiert de Kandidate Formatiounen oder Mesuren, déi hir Chancen, sech um Aarbechtsmarché z'intégréieren, erhéijen.

WAT MÉCHT D'JUGENDGARANTIE?

D'Jugendgarantie ass en europäesche Programm, deem säin Zil et ass, Jonken tëschent 16 a 24 Joer bannent den éischte véier Méint, nodeems si sech bei der ADEM ageschriwwen hunn, eng qualitativ gutt Joboffer, en Apprentissage, eng Mesure oder eng Formatioun ze proposéieren.

WAT ASS DE CLUB EMPLOI?

De Club Emploi steet all deene Leit zur Verfügung, déi bei der ADEM ageschriwwen sinn, an un hirem CV an/oder hirem Motivationsbréif wëlle schaffen.

De Club Emploi fënns du op den Agencen an der Stad an zu Esch-Belval.

Hei hues du Zougang zu Computeren, Informatiounen zu Entreprises an engem Dokumentatiounscenter.

En français :

Toutes les informations concernant l'Agence pour le développement de l'emploi : www.adem.lu

Informations concernant les jeunes demandeurs d'emploi : <http://www.adem.public.lu/fr/jeunes/index.html>

SOZIAL MEDIEN

Och sozial Medie spillen am Kontext vum Rekrutement eng grouss Roll. Vill Firmae kucken sech d'Profiller vun de Kandidaten op de soziale Medien, wéi Facebook oder LinkedIn, un. Et ass deemno wichtig, dass dës Profiller e positivt Bild vun dir erëmispigelen. Dat wat s du an dengem Privatlieue mës, muss net jidderee wëssen. Wann s du net wëlls, dass jiddereen däi Profil gesäit, änner d'Dateschutzparameteren a limitéier den Accès op däi Profil.

SECH FIR ENG PLAZ MELLEN

Mise à jour 2018

Wann een eng Plaz fonnt huet, déi engem gutt gefällt, an déi bei ee passt, geet et drëm, den Dossier ze preparéieren, an dat esou, dass ee sech méiglechst gutt an avantagéis beim Patron presentéiert.

» WOURAUSER BESTEET ENG KANDIDATUR?

Eng Kandidatur besteet an éischter Linn emol aus dengem Liewenslaf (CV) an engem Motivationsbréif. Natierlech gehéiert och eng Kopie vun dengem Diplom an deng Kandidatur. Ausserdeem froe verschidde Patronen och, dass ee Referenzen dobäi leet, sou wéi eventuell en eidele Casier. Den Diplom an den Extrait aus dem Casier ginn awer oft eréischt an enger zweeter Phase gefrot. Wann s du am Ausland studéiert hues (Bachelor oder Master), dann looss däin Diplom am Registre des Diplômes aschreiwen.

LIEWENSLAF (CV)

De CV ass d'Basis vun denger Kandidatur an enthält sämtlech wichteg Informatiounen iwwert dech.

E Liewenslaf muss kloer, präzis a kohärent sinn. De CV ass dat éischt, wat eng Entreprise vun dir gesäit. Oft gëtt en nëmme kuerz gekuckt a muss dofir op den éischte Bléck iwwerzeegen kënnen. Huel dir also Zäit, fir däi CV opzestellen.

WAT MUSS DRAN?

Perséinlech Donnéeën

Heizou gehéieren de Numm, de Virnumm, d'Adress, d'Telefonsnummer, d'E-Mail-Adress, de Gebuertsdatum an eventuell d'Nationalitéit, d'Geschlecht an ob s du e Führerschäin hues.

Opgepasst: A verschidde Kulture soll de CV keng Indikatiounen iwwert däi Geschlecht, däin Alter an däi Familljestand ginn, fir keng Diskriminatioun opkommen ze loosse. Falls du eng Plaz am Ausland sichts, rens-eignéier dech, wéi d'Regelen do sinn.

Studium

Den Diplom, de Studiégank, d'Ofschlossjoer an d'Etablissement, wou ee säin Ofschloss gemaach huet, solle jeeweils dra stoen. Du kanns och d'Hauptfächer opzielen, déi s du an dem Studiégank has oder hues. Dëst erlaabt dem Employeur, sech e bessert Bild vun denger Kompetenzen ze maachen.

An dëser Rubrik kanns du de Fokus entweder op deng Diplomer oder op d'Uni, op där s du waars, leeën. Et ass méi geleeft, den Diplom ervirzehiewen, mee wann s du op enger bekannter a renommierter Uni waars, solls du dat op alle Fall ënnersträichen.

Praktesch Erfarungen

Heizou gehéiere virun allem Stagen a Studentenjobben.

Fir alles, wat s du gemaach hues, schreif den Numm vun der Firma, hire Sätz (d'Stad an eventuell d'Land, wann et am Ausland ass), d'Dauer vun denger Aarbecht, den Datum an natierlech wat s du do gemaach hues, op.

Probéier och hei eng kleng Beschreiwung vun denger Aufgaben a Responsabilitéiten ze ginn.

An dëser Rubrik kënnen och wichteg parascolaire Aktivitéiten hikommen, wéi zum Beispill d'Engagement a Veräiner an Associatiounen. Wann s du vill engagéiert bass, kanns du heifir och eng extra Rubrik opstellen.

Verschiedenes

- **EDV/Kenntnisser an der Informatik**

Schreif d'Programmer a Systemer op, mat deenen s du schaffen kanns. Dëst lount sech virun allem, wann s du besonnesch gutt an eppes bass, oder s du mat ville spezielle Programmer geschafft hues, déi och am Beruff verlaangt sinn.

- **Sproochen**

Gëff de Niveau vun denger Sproochkenntnisser méiglechst genee un. Heifir kanns du d'Ofkierzung vum CECR (A1, A2, B2, asw.) benotzen oder et ëmschreiwen (Mammesprooch, fléissend, Basiskenntnisser, asw.). Probéier, de mëndlechen an de schrëftlechen Ausdrock auserneenzehalen. Hei ginn et oft grouss Ënnerscheeder. Wann s du Certificate fir verschidde Sproochen hues, schreif dat roueg dobäi.

- **Besonnesch Kompetenzen**

Wann s du soss besonnesch Kompetenzen hues oder Saache gemaach hues, déi fir d'Aarbecht relevant sinn, sollen déi natierlech och op de CV. Hei muss jidderee selwer kucken, wou a wéi en dat am beschten ervirhieft.

MUSS ECH MECH BEIM CV U GEWËSSE REGELEN HALEN?

Nee, am Prinzip net.

Et gi keng fix Normen, wéi e CV soll ausgesinn, mee e puer Reegele soll ee scho respektéieren. Dës kënnen och jee no Land a Kultur änneren. Informéier dech also am Viraus, wann s du no enger Plaz am Ausland sichts.

Längt

Däi CV soll maximal zwou DIN-A4-Säiten hunn.

Reiefolleg

D'Informatiounen an deene verschidde Kategorië sollen an ëmgekëierter chronologescher Reiefolleg opgelëscht ginn, dat heescht dat Rezentst, wat s du gemaach hues, soll als éischt do stoen.

Däerf mäi CV faarweg sinn?

Jo, am Prinzip schonn. Och hei häng et vun der Plaz, dem Land an der Kultur of. Och d'Kultur vun der Firma spillt hei eng Roll.

Sprooch

Schreif däi CV ëmmer an der Sprooch vun der Firma. Wann d'Annonce op Englesch ass, schéck de CV och op Englesch eran.

Zu Lëtzebuerg gëtt oft e franséische CV benotzt.

MUSS ENG FOTO OP MÄI CV DROP?

Net onbedéngt. Eng Foto erlaabt et dem Interviewer, sech besser un de Kandidat ze erënneren.

Wann s du eng Foto wëlls dropsetzen, da muss se vu professioneller Qualitéit sinn. Wann s du keng gutt hues, looss se léiwer ewech. Wann ech gelift, kee Selfie schécken an och keng Foto, wou s du net professionell drop ausgesäis.

Wann an der Joboffer allerdéngs no enger Foto gefrot gëtt, soll s du och eng matschécken.

WÉI VERSCHÉCKEN ECH MÄI CV?

95% vun de CVe ginn elektronesch, dat heescht per E-Mail, Internetplattform oder Ähnlech verschéckt.

Wann s du däi CV per E-Mail verschécks, da verschéck ëmmer e PDF-Dokument, keen einfacht Word-Dokument.

Gëff dengem Fichier e passenden Numm, wéi zum Beispill: CV_Max_Mustermann.pdf.

DO'S AND DON'TS

Do's	Don'ts
<ul style="list-style-type: none">• Hal däi CV propper an aktuell.• Benotz gängeg Schrëften, déi gutt ze liese sinn.• Schreif net ze kleng (net méi kleng wéi 10pt an net méi grouss wéi 12pt).• Pass däi CV un all Demande un, fir deng Stärkte besser siichtbar ze maachen – de Contenu soll ëmmer dem Posten ugepasst ginn.• Bleif authentesch.• Schwätz vun denge Stärkten.	<ul style="list-style-type: none">• Feeler! –Iwwerlies däi CV a looss och aner Leit driwwer kucken. Schreiffeeler am CV sinn absolut Tabu!• Léien – verschidde Firmae kontrolléieren, ob s du och tatsächlech op der Uni studéiert hues, a wéini s du däin Diplom krus. Dobäi kënnt, dass een zu Lëtzebuerg oft ee kennt, deen dech och kennt a sou Informatiounen aus dem CV iwwerpräiwe kann.• Ofkierzungen – schreif d'Nimm vu Firmaen an Unie komplett aus.

MOTIVATIUNSBREIF (LETTE DE MOTIVATION)

De Motivatiounsbréif ass, nieft dem CV, dat zweet wichtegst Element vun denger Kandidatur. E completéiert däi CV an erkläert, wieso s du dech fir dee Poste gemellt hues. Du explizéiers quasi, wat aus dir den ideale Kandidat mécht.

Genau wéi de CV, soll och de Motivatiounsbréif kurz und bündig sinn an dech positiv duerstellen.

Huel dir also Zäit, fir dëst Dokument ze schreiwen.

Wat muss an engem Motivatiounsbréif drastoen?

E Motivatiounsbréif besteet grondsätzlech aus folgenden Deeler:

- Eng kuerz Presentatioun vun dir
- Eng Erklärung, wou s du d'Annonce fonnt hues a wat deng Motivatioun ass, fir dech ze mellen (Stage, Job, asw.)

- Eng Referenz un d'Aktivitéite vun der Firma an de Posten, deen dech intresséiert. Hei beschreifs du, wat dee Poste fir dech interessant mécht.
- Beschreif, wat s du der Firma brénge kanns a firwat genau s du de Richtege fir den Job bass.
- Héiflechkeetsformelen: Hei kanns du och nach ugin, wéini s du fir en eventuellen Entretien disponibel bass, oder wéi a wéini een dech am beschte kontaktéiere kann.

Den zweeten an drëtten Deel kënnen och ausgewieselt ginn.

Handgeschriwwen oder um PC?

Normalerweis gëtt de Bréif um Computer getippt. Heiansdo steet an enger Annonce dran, dass den Employeur gär en handgeschriwwene Motivatiounsbréif (lettre de motivation manuscrite) hätt. Wann en handgeschriwwene Motivatiounsbréif gefrot ass, muss en onbedéngt op der Hand geschriwwen sinn. Dëst ass oft de Fall, wann ee seng Kandidatur per Post eraschéckt.

Wann s du de Motivatiounsbréif per E-Mail schécks, dann ëmmer als PDF. Och hei soll een e passenden Numm fir de Fichier wielen: Lettre de motivation_Max_Mustermann.pdf.

Et kann een den Text vun dem Bréif och direkt an d'E-Mail, déi een un d'Firma schéckt, setzen. Dëst vereinfacht d'Aufgab vum Recruteur.

Wéi laang ass e Motivatiounsbréif?

E Motivatiounsbréif huet eng DIN-A4-Säit.

Op wéi enger Sprooch soll ech de Motivatiounsbréif schreiwen?

Genau wéi beim CV, soll och de Motivatiounsbréif an der Sprooch vun der Annonce sinn.

Tippen

- Genau wéi de CV, muss och de Motivatiounsbréif bei all Dossier ugepasst ginn, an och hei si Schreifeeler Tabu.
- Vergiess net, deng Adress an d'Adress vun der Firma, wéi dat bei offizielle Bréiwer de Fall ass, uewen hinzeschreiwen.
- Denk drun, ze ënnerschreiwen.
- Online fënnt ee vill Modeller vun esou Bréiwer. Du kanns se als Virlag huelen an dech dovun inspiréieren. Si sollen awer net einfach kopéiert ginn.
- Evitéier ze vill Floskelen – de Motivatiounsbréif soll en treit Bild vun dir ginn.
- Setz deng Stärken an de Virdergrond a géff konkret Beispiller; fir deng Kompetenzen aus dem CV ze beleeden.
- Benotz déi gängeg Schrëften a schreif weder ze kleng, nach ze grouss.
- Schreif am Present a benotz aktiv Verben.
- Iwwerlies! Feeler am Motivatiounsbréif sinn absolut ze vermeiden a kënnen dozou féieren, datt deng Kandidatur eliminéiert gëtt.

Referenzen

Ëmmer méi Entreprisë froe Referenze vu Stagen an Diplomer. Heiansdo kontrolléiere si déi Donnéeën selwer; ouni dass du agräife kanns oder muss.

Wann s du e Stage gemaach hues, fro no engem Certificat de stage an duerno no engem Certificat de travail. Dës kanns du mat dengem Dossier fir d'Kandidatur fortschécken.

VIRSTELLUNGSGESPRÉICH A SELEKTIONSOUTILEN

Mise à jour 2018

D'Virstellungsgespréich ass an éischter Linn en Informatiouns Austausch tëschent dir an dem potentielle Patron. Du wëlls wëssen, ob déi Plaz dir gefält, an de Patron wëllt wëssen, ob s du op déi Plaz pass.

» VIRSTELLUNGSGESPRÉICH

Doduerch, dass du op d'Virstellungsgespräch geruff gëss, hues du schonn déi éischt Hürd gepackt: De Patron ass un dengem Profil intresséiert. Fir dass dat Gespräch och reiwungslos ofleef, ass et wichtig, gutt preparéiert ze sinn.

Wat muss ech fir e Virstellungsgespräch preparéieren?

Kuck zwee bis dräi Deeg virum Gespräch, ob s du alles hues a bereet dech vir:

- Eng Kopie vun der Annonce, op déi s du geäntwert hues
- Däi CV an däi Motivationsbréif
- De Numm vum Kontakt an der Firma, d'Auerzäit an déi genau Adress vum Rendezvous. Kuck am Viraus, wéi s du dohinner kënns, a wou s de parke kanns. Pénktlech sinn ass ganz wichtig
- Informéier dech am Viraus gutt iwwert däi potenziellen neie Patron. Du muss d'Entreprise kennen a wëssen, wat se mécht
- D'Tenue, déi s du wäerts undoen
- Stell dech drop an, dass du och op Froen an deenen anere Sproochen, déi op dengem CV stinn, muss äntweren. Am beschten üübs du dat eng Kéier doheim, sief et virum Spigel, enger Kamera oder mat enger anerer Persoun.

Presentéiert dech eng fënnf Minutte virum Virstellungsgespräch an der Receptioun vun der Firma.

Wéi leeft dat Ganzt of?

E gudden Interviewer ass virbereet an huet deng Ënnerlage gelies.

Meeschtens fänkt d'Virstellungsgespräch mat e puer klengen Héiflechkeetsfroen un, fir dir d'Opreegung ewechzehuelen.

An engem éischten Deel probéiert den Interviewer Informatiounen iwwert dech ze kréien. An der Reegel muss du dech selwer während e puer Minutte virstellen. Dëst ass deng Geleeënheet, däin universitäre Parcours an deng beruflech Erfarungen ze presentéieren. Ziel net nëmmen dat op, wat schonn am CV steet (de Recruteur huet de CV gelies), mee géff zousätzlech Informatiounen. Duerno wäert hien dir nach e puer Froen stellen, fir méi Informatiounen ze kréien. Géff kloer Äntwerten a konkret Beispiller; schwätz och vun denge sozialen Engagementer an ziel him, wann s du an iergendwelleche Veräiner bass.

An engem zweeten Deel stellt den Interviewer d'Entreprise an de fräie Poste vir. Du kanns duerno nach Froen stellen. Da schléisst den Interviewer d'Virstellungsgespräch of a begleet dech bis eraus. Et kann och sinn, datt s du nach muss waarden an nach en zweet Gespräch hues oder datt s du Tester muss maachen.

Dauer: D'Dauer vum Gespräch ass oft eng gutt Méiglechkeet, fir ze kucken, wéi gutt et gelaf ass. Normalerweise dauert dat nämlech tëschent 30 Minutten an enger Stonn. Et ass awer net deen eenzegen Indicateur. Vläch huet de Chef och net vill Zäit deen Dag an dofir gëtt d'Virstellungsgespräch méi kuerz.

Unzuel vu Gespräicher: Oft hues du an enger selwechter Entreprise zwee bis dräi Gespräicher; heiansdo dee selwechten Dag, heiansdo op e puer Deeg verdeelt. Dat variéiert jee no Firma. A verschidde Firmaen hues du fir d'éischt e Virstellungsgespräch mat de Ressources humaines, an duerno léiers du eréischt den direkte Chef kennen, an anere Firmaen ass de Chef direkt déi éischt Kéier dobäi.

Oft ginn et awer minimum zwee Gespräicher, bis du eng konkret Äntwert hues.

Unzuel vun Interviewer: Du kanns e Virstellungsgespräch mat engem oder zwee Interviewer hunn. Heiansdo och mat engem Panel (dräi bis sechs Leit), mee dat ass éischer seelen.

Äntwert: Du kanns schonn direkt nom Gespräch e Kontrakt kréien, mee meeschtens waarden d'Entreprisë bis si all Kandidat gesinn hunn, an da kriss du eng Äntwert. Et kann heiansdo e puer Deeg, mee och mol puer Wochen daueren. Du kanns zum Schluss vum Virstellungsgespräch roueg nofroen, wéini s du mat enger Äntwert rechne kanns.

Do's and Don'ts

- Wa méi wéi eng Persoun do ass, soll ee sech net nëmmen op eng Persoun konzentréieren, mee op se all. Och wann nëmmen eng Persoun d'Fro stellt.
- Et soll een net de CV auswennege opsoen, mee lieweg eriwuerbréngen.

- Eng Erfahrung vun zwee Joer an zéng Minutte presentéieren an déi zéng Joer duerno an nëmmen zwou Minutten ass och net erwünscht. Am beschten alles ëmmer zäitlech gutt equilibréieren.
- Däin ale Patron ze kritiséieren ass wierklech keng gutt Iddi. A ville Secteure kennen nämlech d'Patronen een deen aneren, an - wie weess - vläicht sinn dat gutt Kollegen.
- So net, dass du keng Chance hues oder dass ëmmer anerer Schold waren, wann eppes schif gaangen ass (Examen, déi s de net gepackt hues, net erfollegräiche Stage, Entloossung an der Proufzäit). Du muss Responsabilitéit fir deng Akten iwwerhuelen.
- Presentéier dech uerdentlech. Behal dofir ëmmer zwou Saachen am Kapp: Du solls dech engersäits ëmmer an denge Kleeder wuelfillen, mee du soll och op engem Niveau mam Interviewer sinn. (Mee mat enger classescher Tenue méchs du ni eppes falsch). Knätsch am Mond, een ze staarke Parfum, e gutt siichtbare Fleck, e Lach am Hiem an den Handy, dee schellt, sinn ze evitéieren.
- Sief mat Zäiten do. A wann s du a Verspéidung bass, well s du am Stau stees o.Ä., da ruff un a so Bescheid.
- Net ze vill an net ze wéineg schwätzen. E Virstellungsgespréich soll ausgeglach sinn. Du solls kloer op dem Interviewer seng Froen äntweren ouni ze laang ze braddelen, op der aner Säit soll den Interviewer dir och net all Wuert aus der Nues missen zéien.
- Kierpersprooch kënn virun der verbaler Kommunikatioun. Déi äusserlech Zeeche gi vun deene meeschten Interviewer besonnesch ënnert d'Lupp geholl. Eng verklemmte Kierpersprooch oder e Mangel u Bléckkontakt sinn ze evitéieren.
- Bleif héiflech während dem ganze Gespréich. Setz dech net, éier s du dozou opgefuerdert gëss, fal dem Interviewer net an d'Wuert a bedenk, dass dat selwecht och an der Receptioun an am Lift gëllt. En onméiglecht Verhalen op dese Plaze schwätzt sech séier erëm.

Nom Virstellungsgespréich

Éier s du aus dem Virstellungsgespréich eraus gees, fro no, wien elo wie kontaktéiert, dat verhënnert e Mëssverständnis an ënnersträicht nach eng kéier däin Interessi um Job.

Direkt nom Virstellungsgespréich:

- Sech Froe stellen, wéi et gelaf ass, ass nëmme méi wéi normal. Mee maach dech net geckeg domadder, stell dir nëmmen déi richteg Froen. Ass d'Virstellungsgespréich sou verlaf, wéi ech et wollt? Ware Froen dobäi, déi mech iwwerrascht hunn? A ware Froen dobäi, op déi ech gutt geäntwert hutt? Sinn ech zefridde mat den Äntwerten, déi ech op meng eege Froe krut? Wat kann ech maachen, fir meng Schwächten ze verbessern? Wäer d'Gespréich besser verlaf, wann ech mech besser preparéiert hätt, oder war ech souguer ze gutt preparéiert? Profitéier heivunner, fir dech selwer ze evaluéieren, an deng Performancen anzeschätzen.
- Dem Employeur Merci soen, ass das kleines Etwas, wat herno vläicht kann entscheidend sinn, fir dass du d'Plaz kriss. Schreif him eng kleng Mail, oder ruff eng kéier kuerz un, a so Merci, an deel him mat, dass du um Job interesséiert bass. Hal et kuerz, du kanns awer och nach eventuell kleng Saache präziséieren, iwwert déi s du am Virstellungsgespréich keng Zäit has ze schwätzen.

An de Wochen duerno:

- Dem Employeur zrëckzeschreiwen, wann hien net äntwert, ass eng gängeg Saach. Trotzdeem solls du schonn eng Zäitche waarden, éier s du hie kontaktéiers. Dass hien net äntwert, kann einfach bedeuten, dass hien sech nach net entscheet huet oder nach net bereet ass, fir eng Entscheedung ze treffen. Waart also bis een oder zwee Deeg no deem Datum, wou den Interviewer gesot huet, dass du eng Äntwert géings kréien. Maach dat éischter per Mail wéi per Telefon. Beispill :

Objet: Candidature pour le poste de « intitulé du poste »

Madame, Monsieur,

Vous avez eu la gentillesse de me recevoir dans vos locaux le (date de l'entretien) pour le poste de (intitulé du poste), et à ce jour sans réponse de votre part, je me permets de vous recontacter pour connaître l'état actuel de votre décision. Je reste à votre disposition pour tout autre entretien éventuel.

Je vous remercie par avance.

Avec mes cordiales salutations,

Prénom Nom

Adresse

Numéro de téléphone

Wann s du trotzdeem keng Äntwert kriss, da looss et sinn. Du solls hien net forcéieren. Wann s du net geholl goufs, looss d'Oueren net hänken a sich weider. Kuck deng Autoevaluatioun nach eng kéier duerch, a probéier, deng Schwächten ze verbessern.

Sech fir e Poste melle resuméiert sech net nëmmen op e Virstellungsgespréich. Et hëlleft dir ze wëssen, wéi s du an Zukunft solls virgoen. Andeems du dem Employeur Merci sees an nach eng Kéier bei him nofreees, falls néideg, weis du, dass de dech u verschidde Coden hält an déi respektéiers. Dat gëtt e positivt Bild vun dir.

» WAT GËTT ET VUN ANEREN OUTILEN?

Tester

Et gi vill psychotechnesch, Intelligenz- a Logiktester. Déi reng Intelligenztester gi quasi net méi bei engem Rekrutement agesat. D'Entreprisë benotzen hautdesdaags éischter Tester, déi deng Fäegkeete sollen evaluéieren (technesch a verbal). D'Resultater vum Kandidat ginn da mat Resultater vun enger Referenzgrupp verglach. Et kënnen ënnert anerem nach praktesch Wëssenstester gemaach ginn (z.B. Kompatibilitéitstester).

Hei dernieft benotzen nach ganz vill Entreprisë Questionnaire mat Froen iwwert deng Perséinlechkeet, fir sech e bessert Bild vun dir kënnen ze maachen. Et gëtt kee gudden oder schlechte Profil, mee verschidde Profiller passe besser op verschidde Plazen ewéi anerer.

Assessment centre

D'„Assessment Centre“ ass eng Kombinatioun vu verschiddene Selektiounsmethoden (Virstellungsgespréich, Fäegkeetstester; Questionnaire iwwert deng Perséinlechkeet, Postkuerföbung, Fallstudien, Rollenspiller; Gruppenexercicer; interaktiv Exercicer). Dëst „Assessment Center“ erméiglecht der Entreprise, eng komplex a genee Iwwersiicht vun de Kandidaten ze kréien. D'Tester daueren an der Reegel tëschent engem an zwee Deeg a ginn éischter a groussen Entreprisë gemaach.

UNERKENNUNG VUN DEN DIPLOMER HEI ZU LËTZEBUERG

Mise à jour 2018

» HOMOLOGATIOUN VUM DIPLOM

Wie muss säin Diplom homologéiere loossen?

D'Homologatioun vum Diplom ass obligatoresch fir Accès op folgend reglementéiert Beruffer ze kréien:

- Sproocheproof
- Dokter; Zännokter; Déierendokter (nëmme fir Diplomer aus Net-EU-Staaten)
- Apdikter (nëmme fir Diplomer aus Net-EU-Staaten)
- Affekot, Richter an aner Beruffer vum Barreau

Wéi funktionéiert dat Ganz?

D'Demandë fir d'Homologatioun vun den Diplomer gi vun der Homologatiounskommissioun analyséiert, déi e consultativen Avis doriwwer ofgëtt, ob d'Diplomer mat de Lëtzebuerger Gesetzer a Reglementer konform sinn. De Ministère fir Héichschoul a Recherche decidéiert dann, op Basis vum Avis vun der Kommissioun, ob d'Diplomer homologéiert ginn.

Wéini muss ech dat maachen?

Du muss eng Homologatioun hunn, fir a gewësse Sparten ze schaffen, dofir fro se am beschten un, soubal s du däin Diplom hues.

Wat kascht d'Homologatioun vu mengem Diplom?

D'Taxe fir d'Homologatioun vun engem Diplom kascht 125 € a muss virun der Demande bezuelt ginn. Och wann däin Diplom refuséiert gëtt an s du keng Homologatioun kriss, muss du dës Taxe bezuelen.

Wou fannen ech dee Formulaire?

De Formulaire fënns du op guichet.lu ënnert der Rubrik „Etudes secondaires ou postsecondaires“.

Kontakt

Secrétariat de la Commission d'homologation

Madame Josiane Laures

Ministère de l'Enseignement supérieur et de la recherche

Tel.: 24 78 51 35

E-Mail: josiane.laures@mesr.etat.lu

En français : www.cedies.public.lu/fr/reconnaitre-diplome/homologation

» ASCHREIWUNG VUM DIPLOM AM REGISTRE DES TITRES

Wie muss säin Diplom aschreiwe loossen?

All déi, déi hiren Diplom net homologéiere loosse mussen, sollen en am Registre des titres aschreiwe loossen.

Wat kascht d'Aschreiwe vu mengem Diplom?

D'Taxe fir en Diplom aschreiwen ze loosse kascht 125 € a muss virun der Demande bezuelt ginn. Och wann däin Diplom refuséiert gëtt an dowéinst net ageschriwwen gëtt, muss du dës Taxe bezuelen.

Wou fannen ech de Formulaire?

De Formulaire fënns du um Site vum CEDIES ënnert der Rubrik „Faire reconnaître son diplôme” an op guichet.lu ënnert der Rubrik „Etudes secondaires ou postsecondaires”.

Kontakt

Secrétariat de la Commission des titres

Madame Cheryl Colbert, Mme Désirée Steffenmunsberg-Reisch

Ministère de l'Enseignement supérieur et de la recherche

Tel.: 24 78 66 39/40

E-Mail : cheryl.colbert@mesr.etat.lu, desiree.reisch@mesr.etat.lu

En français : <http://www.cedies.public.lu/fr/reconnaitre-diplome/registre-des-titres>

STROFRËGESTER (CASIER JUDICIAIRE)

Mise à jour 2018

Vill Entreprisë froen d'Kandidaten en Extrait aus dem Strofregëster an erwaarde sech vun engem zukünftege Mataarbechter, dass en en eidele Casier huet.

Méi Informatiounen zum Casier (wat dra kënnt a wou een e kann ufroen) fënns du um Site www.guichet.lu, ënnert der Rubrik „Citoyens” – „Travail/Emploi” – „Exercice d'une activité professionnelle” – „Demander un extrait de casier judiciaire”.

En français : www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/activite-professionnelle/prealables-vie-professionnelle/demander-extrait-casier-judiciaire

Auf Deutsch: www.guichet.public.lu/citoyens/de/travail-emploi/activite-professionnelle/prealables-vie-professionnelle/demander-extrait-casier-judiciaire

uni^{lu}ted

Multilingual. Personalised. Connected.



Rejoignez des étudiants du monde entier et des chercheurs d'envergure internationale à l'Université du Luxembourg ! Nous offrons plus de 30 formations master, des écoles doctorales dans sept domaines de recherche d'avenir et un suivi individuel qui entretient une atmosphère personnelle. Bénéficiez des liens tissés avec les employeurs du Luxembourg pour préparer votre insertion sur le marché du travail.

Nos facultés

Faculté des Sciences, de la Technologie et de la Communication | Faculté de Droit, d'Économie et de Finance | Faculté des Lettres, des Sciences Humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation



ECH HUNN ENG
AARBECHT FONNT,

ELO KOMMEN
D'PAPERASSEN

Den Aarbechtskontrakt ass eng Konventioun, déi en Aarbechtsverhältnis reegelt an duerch déi eng Persoun sech dozou engagéiert, enger anerer Persoun, där déi éischt Persoun sech subordonnéiert, hir Aarbechtskraaft géint eng Remuneratioun zur Verfügung ze stellen.

» WAT MUSS AM KONTRAKT STOEN?

En Aarbechtskontrakt soll prinzipiell schriftlech an an duebeler Ausféierung ofgeschloss ginn. Dat heescht, dass souwuel du, wéi och de Patron, en ënnerschriwwenen Exempleaire vum Kontrakt kritt.

De Kontrakt soll folgend Informatiounen enthalten:

- Numm a Sätz vun der Firma
- Numm vum Vertrieeder vun der Firma
- Numm a Wunnuert vum Salaré
- Ufanksdatum vum Kontrakt
- Informatiounen zu der Proufzäit, wann eng virgesinn ass
- Funktioun vum Salaré
- Bruttoloun
- Aarbechtsplaz
- Aarbechtszäiten
- Congésdeeg
- Detailer zur Kënnegungsfrist

Nieft den obligatoreschen Informatiounen, kënnen och nach eng Rei aner Klauselen am Kontrakt stoen. Am Prinzip gëllt, dass legal Prescriptiounen nëmme kënne geännert ginn, wann dës Ännerunge favorabel fir de Salaré sinn.

Méi Informatiounen fënns du

- Um Site vun der Chambre des salariés (www.csl.lu), ënnert der Rubrik „Vos droits”
- Um Site www.guichet.lu, ënnert der Rubrik „Travail/Emploi”

» KONTRAKTFORMEN

Et gi verschidden Zorten Aarbechtskontrakten, déi mir am folgende Kapitel méi genee virstelle wäerten:

- De Contrat à durée indéterminée (CDI)
- De Contrat à durée déterminée (CDD)
- De Contrat d'intérim

Modeller vun de verschiddene Kontrakter fënns du um Site vun der Chambre des salariés (www.csl.lu), ënnert der Rubrik „Vos droits”.

CONTRAT À DURÉE INDÉTERMINÉE

Wat ass e CDI?

De Contrat à durée indéterminée (CDI) leeft iwwert eng illimitéiert Period bis den Employeur oder de Salaré de Kontrakt kënnegt.

Enn vum Kontrakt

Och wann de CDI fir eng illimitéiert Zäit opgestallt ass, kann en duerch verschidde Situatiounen automatesch ënnerbrach ginn. Dëst geschitt zum Beispill wann:

- Den Dokter bei der Visite médicale d'embauche eng Onfäegkeet vum Salaré feststellt
- De Salaré oder den Employeur stierft
- Den Employeur fir faillite erkläert gëtt
- De Salaré eng Alterspensioun oder eng Invalidérent kritt.

Wéi kann een e CDI kënnegen?

Delaïen

Déi Persoun, déi de Kontrakt kënnegt, sief dat den Employé oder den Employeur, muss e gewëssen Delai op Basis vun der Anciennetéit vum Salarié anhalen.

Am Fall vun enger Faute grave kann de Kontrakt vu béide Säite gekënnegt ginn, ouni dass en Delai agehal muss ginn.

Muss ech uginn, firwat ech kënnegen?

Neen, d'Kënnegung vun engem Salarié muss net motivéiert sinn. Wann de Patron de Kontrakt kënnegt, muss hien dogéint e Grond uginn.

Firwat kann ech gekënnegt kréien?

Et gi verschidde Grënn, firwat en Employeur engem Salarié kënnegen kann:

- Kënnegung, déi duerch d'Persoun bedéngt ass: wéinst Problemer, wat d'Fäegkeeten oder d'Behuelen op der Aarbecht ugeet. Esou eng Kënnegung geschitt entweder mat engem Preavis oder ouni, am Fall vun enger Faute grave vum Salarié.
- Kënnegung aus wirtschaftleche Grënn: aus Grënn, déi mam Fonctionnement vum Betrib ze dinn hunn. Esou eng Kënnegung geschitt ëmmer mat Preavis.
- Kënnegung wéinst Faute grave: Eng Faute grave läit vir, wann eng weider Zesummenaarbecht net méi méiglech ass, well d'Vertrauen tëschent dem Employeur an dem Salarié gebrach ass, zum Beispill a folgende Fäll:
 - Feelen ouni Begrënnung
 - Klauen
 - Physesche Menace a Gewalt géintwärt dem Employeur
 - Verweigerung vun engem Uerder

Wat fir eng Zorte vu Kënnegung ginn et?

Et gi folgend Fäll:

- Kënnegung mat Preavis: D'Kënnegung mat Preavis ass de Broch vun engem Kontrakt duerch den Employeur, deem eréischt no enger gewëssener Zäit a Kraaft trëtt. Eng Kënnegung mat Preavis muss prinzipiell duerch en ageschriwwene Bréif festgehale ginn. De Bréif kann och dem Salarié perséinlech iwwerreecht ginn an de Salarié muss dann en Accusé de réception op eng Kopie vum Bréif ginn. Wann d'Entreprise op d'mannst 150 Salariéen huet, muss virun der Kënnegung e Virgespräch stattfannen. Wann d'Entreprise méi kleng ass, kann de Salarié ouni Virgespräch gekënnegt kréien.
- Direkt Kënnegung: D'direkt Kënnegung trëtt, wéi den Numm et seet, direkt a Kraaft. Si kann nëmmen am Fall vun enger Faute grave ausgeschwat ginn.

CONTRAT À DURÉE DÉTERMINÉE

De Contrat à durée déterminée (CDD) ass op eng bestëmmte Period a fir d'Ausféierung vun enger bestëmmter Aufgab limitéiert.

En CDD dierf net fir permanent an normal Aufgaben an enger Firma ofgeschloss ginn. Dofir muss een e CDI ofschléissen.

Wéini kann een dat maachen?

E CDD kann een zum Beispill ofschléissen:

- Fir e Salarié ze ersetzen, deem aus gesondheetleche Grënn oder Ähnlech, eng Zäit laang fort ass,
- Wann d'Firma temporär méi Aarbecht huet
- Fir saisonal Aarbechten auszuféieren

Wéi laang geet e CDD?

E CDD ka fir maximal zwee Joer ofgeschloss ginn.

Et kann een och méi kuerz CDDen ofschléissen. An dësem Fall dierf de Kontrakt zwee Mol erneiert ginn, mee d'Gesamtdauer vun de Kontrakten dierf net iwwer 24 Méint erausgoen.

De CDD hält automatesch no sengem Echéancedatum op.

Wéi kann een e CDD kënnegen?

Ausser bei enger Faute grave, kann de CDD net gekënnegt ginn, soss huet de Salarié oder den Employeur d'Recht op Schuedenersatz.

Wéini gëtt aus dem CDD e CDI?

Wann d'Aarbechtsverhältnis nom Enn vum CDD weidergeet, gëtt aus dem Kontrakt automatesch e CDI. An deem Fall gëtt et och keng nei Proufzäit.

INTERIMSAARBECHT

„Interimsaarbecht“ ass, wann eng Interimsagence enger anerer Firma e Salarié zur Verfügung stellt, deem eng präzis Aufgab während enger limitierter Zäit ausféiert. Eng Firma kann zum Beispill op Interimsaarbecht zeréckgräifen, wann e Salarié krank gëtt oder se op eemol vill méi Aarbecht huet, wéi virgesinn.

An dësem Fall ënnerschreift de Salarié e Kontrakt mat der Interimsagence, duerch deem hien sech engagéiert, eng Aufgab bei enger drëtter Firma auszeféieren. D'Interimsagence ass also dem Salarié säin Employeur.

Méi Informatiounen zur Interimsaarbecht fënns du um Site vun der Chambre des salariés (www.csl.lu).

KOLLEKTIVVERTRÄG

Zënter dem 12. Juni 1965 hunn d'Gewerkschaften d'Recht, ënner verschiddene Konditiounen, Kollektivverträge ofzeschléissen.

Wat ass e Kollektivvertrag?

E Kollektivvertrag ass e Kontrakt tëscht de Verrieder vun de Salariéen an dem Employeur (oder deem senger Verrieder), deem d'Aarbechtsrelatiounen a –konditiounen reegelt.

Wéini ass e Kollektivvertrag gültig?

E Kollektivvertrag ass nëmme valabel, wann en d'Gesetz respektéiert. Bestëmmungen aus dem Gesetz kënnen nëmme da geännert ginn, wann dës Ännerunge favorabel fir de Salarié sinn.

Eenzelverträge an intern Reglementer vun der Firma zielen och nëmme dann, wa se méi gönschteg wéi de Kollektivvertrag sinn.

Fir wie gëllt de Kollektivvertrag?

Wann d'Firma mat enger Gewerkschaft e Kollektivvertrag ofgeschloss huet, gëllt dee fir sämtlech Salariéë vun dëser Firma. Wann s du an esou engem Fall bass, kriss du de Kollektivvertrag och op dengem éischte Schaffdag.

Muss ech dofir Member bei enger Gewerkschaft sinn?

Nee, dat muss de net.

PROUFZÄIT

Mise à jour 2018

WAT VERSTEET EEN ËNNER PROUFZÄIT A WAT ASS D'ZIL DOVUN?

D'Zil vun der Proufzäit ass et, dem Employeur Zäit ze ginn, fir d'Kompetenze vum Salarié ze bewäerten an dem Salarié d'Chance ze ginn, sech eng Iddi vu senger Aarbecht ze maachen.

MUSS D'PROUFZÄIT AM KONTRAKT STOEN?

Jo, d'Klausel vun der Proufzäit muss schrëftlech am Kontrakt festgehalen ginn. Eng mëndlech festgeluechte Proufzäit ass net gültig.

Allerdéngs, wann am Kollektivvertrag eng obligatoresch Proufzäit fir all neie Salarié virgesinn ass, muss dës net méi explizit am Aarbechtskontrakt ernimmt ginn.

Eng Proufzäit kann u sech an all Kontrakt agebaut ginn, egal ob et sech ëm e CDI, e CDD oder e Contrat d'intérim handelt.

WÉI LAANG LEEFT D'PROUFZÄIT?

D'Proufzäit fänkt mam Ufank vun engem Kontrakt un. Eng Proufzäit, déi méi spéit ufänkt, ass net gültig.

D'Proufzäit muss fir minimum zwou Wochen an no maximal sechs Méint ofgeschloss ginn. Hei ginn et awer zwou Ausnamen:

- Wann de Salarié als héchsten Diplom kee Certificat d'aptitude technique et professionnelle (CATP) oder keen Diplôme d'aptitude professionnelle (DAP) huet, dierf d'Proufzäit maximal dräi Méint daueren.
- Eng Proufzäit vu bis zu 12 Méint kann am Vertrag festgehale ginn, wann de Brutto-Ufanksloun méi héich wéi 536 € de Mount beim Index 100 (4.258,73 € mam aktuellem Index vu 794,54) ass.

Am Fall wou am Kontrakt méi eng laang Proufzäit virgesinn ass, wéi erlaabt, leeft se de Maximum vu Méint an hält duerno automatesch op.

KANN ENG PROUFZÄIT ERNEIERT, VERLÄNGERT ODER ËNNERBRACH GINN?

Erneiart? Nee, d'Proufzäit kann net erneiert ginn.

Verlängert? Jo, awer nëmme wann d'Aarbechtszäit während der Proufzäit ënnerbrach gouf, z.B. aus gesondheetleche Grënn. D'Proufzäit kann dann ëm déi Deeg verlängert ginn, déi de Salarié gefeelt huet. De Maximum, ëm deem eng Proufzäit ka verlängert ginn, läit awer bei engem Mount.


OFFICE FREYLINGER
PATENT AND TRADEMARK ATTORNEYS

Brevets d'invention
Marques
Dessins et modèles
Noms de domaines
Logiciels
Contrats de Propriété Intellectuelle
Conflits Propriété Intellectuelle
Valorisation financière

Depuis plus de 50 ans, nous conseillons nos clients pour la protection et la valorisation de leurs droits de propriété intellectuelle en Europe et dans le monde. Stratégie, synthèse des valeurs, accompagnement à long terme, vision économique et engagement aux côtés de nos clients sont nos outils pour créer de la valeur par la propriété intellectuelle.

REJOIGNEZ UNE EQUIPE QUI S'ENGAGE!

Ënnerbrach? D'Proufzäit kann am Fall vun enger Schwangerschaft ënnerbrach ginn. Dëst gëllt awer nëmme fir de CDI.

WÉI KËNNEGEN ECH ENG PROUFZÄIT?

Während deenen éischten zwou Woche kann ee Kontrakt net gekënnegt ginn, ausser am Fall vun enger Faute grave.

D'Kënnegung vun der Proufzäit muss net begrënt ginn.

No deenen zwou Woche kann de Kontrakt mat engem ageschriwwene Bréif gekënnegt ginn. Oder de Kënnegungsbréif gëtt der anerer Partei perséinlech iwwerreecht an déi gëtt dann en Accusé de réception op d'Kopie vum Kënnegungsbréif.

MUSS ECH BEI DER KËNNEGUNG VUN DER PROUFZÄIT E PREAVIS ANHALEN?

Jo, souwuel de Salarié, wéi och den Employeur müssen en Delai anhalen, fir eng Proufzäit ze kënnegen. Déi eenzeg Ausnam ass d'Faute grave. Den Delai fir den Employeur an de Salarié ass deen nämmelechen.

Dauer vun der Proufzäit	Kënnegungsfrist, déi agehale muss ginn
1 Woch	Kënnegung net méiglech ausser am Fall vun Faute grave
2 Woch	Kënnegung net méiglech ausser am Fall vun Faute grave
3 Wochen	3 Deeg
4 Wochen	4 Deeg
1 Mount	15 Deeg
2 Méint	15 Deeg
3 Méint	15 Deeg
4 Méint	16 Deeg
5 Méint	20 Deeg
6 Méint	20 Deeg
7 Méint	24 Deeg
8 Méint	1 Mount
9 Méint	1 Mount
10 Méint	1 Mount
11 Méint	1 Mount
12 Méint	1 Mount

Et handelt sech heibäi ëm Kalennerdeeg an net ëm déi sogenannte Schaffdeeg.

De Preavis muss spéitstens de leschten Dag vun der Proufzäit ophalen, soss verwandelt de Kontrakt sech an en definitive Kontrakt.

En français s.v.p. : www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/types-contrat-travail/contrats-travail

Auf Deutsch bitte: www.guichet.public.lu/citoyens/de/travail-emploi/types-contrat-travail/contrats-travail

In English please: www.guichet.public.lu/entreprises/en/ressources-humaines/contrat-convention

De Code du travail gesäit vir, dass all Salariaé, éier en op senger neier Aarbecht ufänkt, fir eng Consultatioun bei den Aarbechtdokter goe muss. Dat nennt een den Examen médical d'embauche. Dës Visitt ass gesetzlech virgeschriwwen an dofir obligatoresch.

Den Aarbechtdokter decidéiert dann, ob s du „fäeg“ bass, fir schaffen ze goen.

D'Médecine du travail ass virun allem präventiv an interesséiert sech an éischter Linn fir dat physescht a psychesch Wuelbefanne vum Salariaé. Et handelt sech deemno net ëm eng Medezin, déi hëllef soll, Kandidaten ze selektionéieren.

Wéini muss ech bei den Aarbechtdokter?

D'Visite médicale fënnt idealerweis virum éischte Schaffdag statt. Wann awer kee besonnesche Risk vun der Aarbecht hier besteet, ka se och an deenen éischten zwee Méint stattfannen. Dëst ass bei ville Bürosberuffer de Fall.

Wat ass d'Roll vun engem Aarbechtdokter?

Den Aarbechtdokter huet verschidde Rollen, dozou gehéieren:

- D'Verbesserung vun den Aarbechtkonditiounen an der Entreprise
- D'Adaptatioun vun den Aktivitéiten an den Equipementer
- D'Fërdere vun engem gesonden Aarbechtsrhythmus
- D'Protektioun vun de Salariaé géint physesch, chemesch a psychesch Nuisancen, déi mat der Aarbecht verbonne sinn
- D'Organisatioun vun der Éischter Hëllef an der Entreprise

A verschiddenen Entreprisë kann den Aarbechtdokter och als Mediateur oder Vermëttler bei moralescher oder sexueller Belästegung op der Aarbechtsplaz agesat ginn.

Wat gëtt bei der Visite médicale gekuckt?

D'Zil vun dësem Besuch beim Aarbechtdokter ass et, erauszefannen, ob de Salariaé aus medezinescher Siicht géeeegent ass, fir d'Aarbecht auszuféieren. Et gëtt also gekuckt, ob e keng gesondheetlech Problemer huet, déi en dru kéinten hënneren, d'Aarbecht ze maachen, respektiv déi eng Gefor fir hie selwer oder seng Mataarbechter duerstelle kéinten.

Drogentester

A verschiddene Firmaen, déi an der Industrie tätég sinn, ginn och toxikologesch Tester vum Aarbechtdokter duerchgefouert, fir feststellen, ob de Salariaé keng Droge konsuméiert. Verschidde Substanze kënnen nach e puer Méint nom Gebrauch am Blut oder an den Hoer nogewise ginn. E positiven Test huet oft als Konsequenz, dass een net agestellt gëtt, an dat aus Sécherheetsgrënn.

An der Fonction publique sinn déi Drogentester duerch e Règlement grand-ducal fir verschidden Aarbechtsgruppe virgeschriwwen.

Déi Tester ginn op spezifesche Demande vum Dokter duerchgefouert. De Salariaé muss allerdéngs säin Averständnes zum Test ginn. Wann de Salariaé den Test refuséiert, kann den Dokter verweigere e „Certificat d'aptitude“ auszustellen.

Wat muss ech maachen, wann ech eng Visite médicale hunn?

Well s du nach net fest agestellt bass, solls du, wéi fir all Virstellungsgespräch, gefleegt an net ënner Alkohol- oder Drogenafluss dech beim Aarbechtdokter presentéieren.

Am Fall vun enger chronescher Krankheet, vergaange Krankheeten oder bei reegelméissegem Anhuele vu bestëmmte Medikamenter, ass et wichteg, déi jeeweileg Ënnerlagen derbäi ze hunn - idealerweis a Form vun engem Rapport vum Dokter, deen dech behandelt.

Huel och deng Impfkaart mat.

Wat gëtt den Employeur gewuer?

Wéi all aner Dokter, ass och den Aarbechtsdokter un de Secret médical gebonnen. D'Informatiounen, déi ausgetosch ginn, bleiwen deemno tëschent dir an dem Dokter.

Den Employeur kritt just de Certificat, deen dokumentéiert, ob de Salarié fäeg ass, ze schaffen oder net. Op dësem medezinesche Certificat kann den Aarbechtsdokter vermierken, ob de Salarié weider regelméisseg muss bei den Dokter goen, a wa jo, wéi oft. Ee vun den Ziler vun dëser regelméisseg Consultatioun ass, no eventuelle Symptomer oder Krankheeten, déi a Relatioun mat der Aarbecht stoe kënnen, ze sichen.

Wat geschitt, wann ech de Certificat d'aptitude net ausgestallt kréien?

Och wann nëmme seelen entscheet gëtt, dass e Kandidat fir eng Aarbecht onfäeg ass, soll ee sech bewusst sinn, dass esou eng Decisioun zum Verloscht vun der Aarbechtsplaz féiere kann an dass et och keen aneren Auswee gëtt. Géint dës Decisioun vum Aarbechtsdokter kann ee kee Recours aleeën.

En français : www.sante.public.lu/fr/impacts-milieu-vie/sante-travail/005-medecine-travail



MENG RECHTER ALS --- SALARIÉ

Als Salarié hues du d'Recht, fir deng Aarbecht bezuelt ze ginn. De Montant, deem s du kriss gouf am Kontrakt als Bruttoloun mat dengem Patron festgehalen. Duerch de Prinzip vum Sozialstaat an der Quellesteier kriss du zu Lëtzebuerg awer net de Bruttoloun, mee de sougenannten Nettoloun.

Nieft dem Bruttoloun kann ee jee no Patron och vun aneren Avantagé profitéieren. Et handelt sech hei zum Beispill ëm d'Chèque-repasen, en Auto, asw.

» PRINZIP VUN DER QUELLESTEIER

Als Salarié zu Lëtzebuerg kriss du net de Bruttoloun op däi Konto iwwerweisen, mee den Nettoloun. Däi Patron bezitt all Mount fir dech deng Steieren a Sozialcotisatiounen an iwwerweist dir dann de Nettoloun. Dat ass de Prinzip vun der Quellesteier.

» VUM BRUTTOLOUN OP DE NETTOLOUN

Bruttoloun

De Bruttoloun ass dat, wat ee kritt, éier d'Sozialcotisatiounen an d'Steieren ofgerechent ginn. Normalerweis verhandelt een de Bruttoloun mam Patron. Dëse Montant muss och am Kontrakt dra stoen.

Nettoloun

Den Nettoloun ass dat, wat däi Patron dir all Mount op däi Konto iwwerweist.

» WAT GËTT ALLES VU MENGEM BRUTTOLOUN OFGERECHENT?

Vum Bruttoloun gi verschidde Saachen ofgerechent. Dee gréissten Deel dovun maachen d'Sozialcotisatiounen an d'Steieren aus.

Zu de Sozialcotisatiounen gehéieren:

- D'Krankekeess (3,05%)
- D'Pensiounskeess (8%)
- D'Fleegeversécherung (1,4%)

Als Abatement virun de Steiere kommen nach d'Déplacementskäschten.

Den 1. Januar 2017 ass déi nei Steuerreform a Kraaft getrueden. Méi genau Informatiounen heizou fënns du op <http://www.reforme-fiscale.public.lu/fr/index.html>.

» MINDESTLOUN

Zu Lëtzebuerg gëtt et e soziale Mindestloun, dee jidderee fir seng Aarbecht als Minimum muss kréien.

Den onqualifizéierte Mindestloun läit aktuell (1. Januar 2017) bei 1.998,59 € de Mount. De Salaré läit ëm 20% méi héich, wann de Salarié fir d'Plaz qualifizéiert ass an ëm 20 bis 25% méi déif, wann et sech ëm e Jugendlechen handelt.

Alter a Qualifikatioun		Stonneloun	Salaire pro Mount
Méi al wéi 18 Joer an net qualifizéiert	100%	11,5525 €	1.998,59 €
Méi al wéi 18 Joer a qualifizéiert	120%	13,8630 €	2.398,30 €
Tëschent 17 an 18 Joer	80%	9,2420 €	1.598,87 €
Tëschent 15 a 17 Joer	75%	8,6644 €	1.498,94 €

» SOZIALVERSÉCHERUNG

DE CENTRE COMMUN DE LA SÉCURITÉ SOCIALE A SENG AUFGABEN

De Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) ass en autonomen Etablissement public, deem ënnert dem Ministère de la Sécurité sociale steet. Als Persoun, déi zu Lëtzebuerg schafft, muss ee beim CCSS affiliéiert sinn fir datt ee géint sämtlech Riske verséichert ass.

Dem CCSS seng Haaptmissiounen sinn:

- D'Affiliatioun vun de Salariéen a Fräiberuffler bei der Sécurité sociale,
- D'Festleeën an d'Ophiewe vun de Sozialcotisationen (fir Krankheet, Maternité, Aarbechtsaccident, Berufskrankheeten, Alter, Invaliditéit a Fleegebedierftgkeet)
- D'Verdeelung vun dëse Sozialcotisationen op déi verschidden Institutiounen vun der Sécurité sociale.

Wéi kommen ech do dran?

All Persoun, déi zu Lëtzebuerg als Salarié schafft an dofir bezuelt gëtt, ass als „Travailleur salarié“ z'affiliéieren. De Patron iwwerhëlt d'Umeldung vum Salarié beim CCSS. Dës Aschreiwung muss bannent aacht Deeg vum Ufanksdatum vun dengem Kontrakt geschéien. Du kriss dann en Accusé heem geschéckt, deem deng Affiliatioun attestéiert.

Wat hunn ech dovun?

D'Affiliatioun beim CCSS erlaabt et dem Salarié a senger Famill, ënnert anerem vun de Prestatiounen vun der Kranken- a Maternitésassurance ze profitéieren a spéider eng Pensioun kennen ze kréien.

Wéi bezuelen ech meng Sozialcotisationen?

Als Salarié muss du selwer näischt bezuelen. Däi Patron iwwerhëlt dat fir dech.

Um Enn vun all Mount gëtt de Patron de Montant vun dengem Bruttoloun an d'Zuel vun de Stonnen, déi's du geschafft hues, un de CCSS weider. Op där Basis rechent den CCSS de Montant vun de Sozialcotisationen aus, déi den Employé bezuele muss, an deelt dem Patron e mat. Dës Zomm enthält souwuel dem Patron säin Deel (Part patronale) wéi dem Salarié säin Deel (Part salariale). De Patron huet op senger Säit schonn d'Part salariale direkt vum Bruttoloun ofgezunn a këmmert sech drëm, dass d'Sozialcotisationen bezuelt ginn.

Vum 1. Januar 2018 u sinn d'Cotisationen fir de Salarié déi folgend:

RISK	CHARGE	
	Salarié	Employeur
Krankheet	3,05%	3,05%
Pensioun	8%	8%
Accident		0,9%
Mutualitéit		Tëscht 0,46 an 2,95%
Fleegebedierftgkeet	1,4%	
Aarbechtsmedezin		0,11%

Kontakt

Centre commun de la sécurité sociale
 Guicheten: 125, route d'Esch, Lëtzebuerg
 Courrier: L-2975 Lëtzebuerg
 Tel.: +352 40 14 11
 Internetsäit: www.ccss.lu

» CAISSE NATIONALE DE SANTÉ (CNS)

WAT ASS D'CNS?

D'Gesetz iwwert den Eenheitsstatut vum 2008 huet zur Grënnung vun der Caisse nationale de santé gefouert. D'CNS, oder „d'Gesondheetskeess“, ass en autonomt Etablissement public, dat ënnert dem Ministère fir Sozialversécherung steet. Sait der Aféierung vum Eenheitsstatut, ass d'CNS souwuel den Uspriechpartner fir all d'Salariéen aus dem Privatsecteur, wéi och fir d'Aarbechter beim Staat.

De Comité, vun deem si verwalt gëtt, ass vun aacht Vertrieder vun de Salariéen an aacht Vertrieder vum Patronat zesummegeallt. De President vun der CNS, e Staatsfonctionnaire, gëtt vum Grand-Duc nominéiert.

WAT ASS DEN ËNNERSCHEED TËSCHENT DEM CCSS AN DER CNS?

Jiddereen, deem zu Lëtzebuerg schafft, sief et fir een Aneren oder als Fräiberuffler, gëtt obligatoresch iwwert den „Centre commun de la sécurité sociale“ (CCSS) sozialverséichert. Dës Versécherung zielt fir Krankheet, Maternité, Aarbechtsaccidenter a Berufskrankheeten, Alter, Invaliditéit a Fleegebedierftegkeet. Dës Affiliatioun erméiglecht et dem Verséicherten a senger Famill, vun de Leeschtungen vun der zoustänneger Krankenversécherung ze profitéieren an zwar iwwert déi kompetent Keess, z.B. d'CNS.

WOURËM KËMMERT SECH D'CNS?

D'Gesondheetskeess ass ënner anerem responsabel fir d'Leeschtungen vun der Kranken- a Maternitéassurance.

Hei gëtt tëschent Geldleeschtungen a Sachleeschtungen ënnerscheet.

Prestation-en-espèce

Prestation-en-espèce si Geldleeschtungen. Et handelt sech heibäi ëm Entscheedungen, déi dem Hauptverséicherten bezuelt ginn, fir e verluerent Akommes auszegläichen.

Déi verschidde Geldleeschtungen si finanziell Entscheedungen fir:

- Aarbechtsonfäegkeet
- Maternité an Accueil
- E Congé aus familiäre Grënn
- Eng Aarbechtsdispens wéinst Maternité
- E Congé fir eng Persoun um Enn vun hirem Liewen ze betreien

Entscheidung fir Aarbechtsonfäegkeet

E Certificat vum Dokter, deem zu Lëtzebuerg ausgestallt gëtt, besteet aus dräi Deeler, déi déi folgend Informatiounen enthalen mussen :

- D'Datumer vum Ufank a vum Schluss vun der Aarbechtsonfäegkeet
- De Code-diagnostic
- Den Datum, op deem de Certificat ausgestallt gouf.

Fir eng Aarbechtsonfäegkeet ze deklaréieren, muss de Verséicherten den éischte Volet vum Krankeschäin un d'CNS adresséieren, den zweeten un den Employeur an den drëtte selwer behalen. D'Deklaratioun vun der Aarbechtsonfäegkeet muss bannent dräi Schaffdeeg nodeems de Verséicherten als arbeitsunfähig erkläert gouf un d'CNS geschéckt ginn. Fir d'Anhale vum Délai ass de Poststempel ausschlaggebend. Ausserdeem ass bei all Korrespondenz d'Matriculesnummer unzeginn.

E Krankeschäin ass net néideg fir Aarbechtsonfäegkeeten, déi zwee Deeg oder manner daueren. Allerdéngs muss den Employeur an deem Fall trotzdeem benoriichtegt ginn. Falls d'Aarbechtsonfäegkeet ëfters virkënnt, kann d'Gesondheetskeess verlaangen, dass all Absence op der Aarbechtsplaz (wéinst Krankheet oder Accident) gemellt gëtt, an dat direkt ab dem éischten Dag vun der Absence.

Falls d'Aarbechtsonfäegkeet méi laang dauert wéi de Krankeschäin am Ufank virgesinn huet, muss bis späitstens den zweeten Aarbechtsdag, nodeems de leschte Certificat ofgelaf ass, en neie Certificat bei der Gesondheetskeess agereecht ginn.

Den Employé huet d'Recht, säi Salaire während der Aarbechtsonfäegkeet weider vum Patron bezuelt ze kréien, an dat bis un d'Enn vum Mount an deem de 77. Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet läit, gerechent iwwert eng Referenzperiod vun zwielef successive Méint. Ab dem Mount nodeem de 77. Dag Aarbechtson-

fäegkeet erreegt ass, huet de Salarié d'Recht op eng finanziell Entschiedegung vun der Gesondheetskeess, wann de Contrôle médical vun der Sécurité sociale e positiven Avis ofgëtt.

Fir e Fräiberuffler ass dës Entschiedegung bis zum Enn vum Mount, an deem de 77. Dag Aarbechtsonfäegkeet läit, gerechent iwwert eng Referenzperiod vun zweielef successive Kalennerméint, suspendéiert (Période de carence). Fir d'Entschiedegung vum Fräiberuffler während dëser Period, muss hie sech fräiwëlleg bei der „Mutualité des employeurs“ versécheren. Dann gëtt de Fräiberuffler op Basis vun de Krankeschäiner vun der „Mutualité des employeurs“ indemniséiert während der Période de carence.

De Fräiberuffler muss d'Aarbechtsonfäegkeet deklaréieren, andeems en der CNS den éischte Volet vun de Krankeschäiner zoukomme léist, déi d'Period tëschent dem Ufank vun der Onfäegkeet an dem Enn vun der Période de carence integral ofdecken. D'Période de carence leeft eréischt ab dem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet, déi duerch e Krankeschäin, deem un d'CNS geschéckt gouf, ofgedeckt ass. Fir d'Aarbechtsonfäegkeet ze verlängeren, muss en neie Certificat vum Dokter virum Enn vum lafende Certificat ageschéckt ginn.

Während deenen éischte fënnef Deeg vun der Aarbechtsonfäegkeet ass et net erlaabt, aus dem Haus ze goen (och wann um Krankeschäin de Géigendeel steet). Ab dem sechsten Dag si Sortien tëschent 10:00 an 12:00 Auer an tëschent 14:00 an 18:00 Auer erlaabt, wann den Dokter ukräizt, datt näischt géint eng Sortie schwätzt.

Déi noutwenneg Sortië fir bei de Contrôle médical vun der Sécurité sociale, de behandelnden Dokter oder en aneren Ubidder vu Gesondheetsleeschtinge sinn ëmmer erlaabt. D'Persoun muss dës Sortien awer beleed kennen, falls néideg.

Persounen, déi als arbeitsunfähig zielen, dierfen net:

- U Sportsaktivitéiten deel huelen (ausser op Empfehlung vum Dokter)
- Aktivitéiten ënnere huelen, déi net mat hirem Gesondheetszoustand kompatibel sinn
- Sech an engem Café, engem Restaurant oder Ähnlichem ophalen, ausser fir eng Moolzecht zou sech ze huelen an ënner der Konditioun, datt d'CNS am Viraus informéiert gouf, sief et per Mail, Fax oder Telefon, an dat ab dem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet.

Déi arbeitsunfähig Persoun muss der CNS déi genau Adress (Uertschaft, Strooss, Nummer, Etage, asw.) uginn, op där si sech während der Aarbechtsonfäegkeet ophält. D'Adress vum Openthalt während dem Krankeschäin muss um Certificat ugi sinn, falls et eng aner Adress ass, wéi déi legal Adress vun der Persoun. Wann dat net de Fall ass, muss d'Persoun der CNS d'Adress entweder per Fax, Mail, Telefon duerchginn.

Ab deem éischten Dag vun der Aarbechtsonfäegkeet kann e Kontroller vun der CNS tëschent 8:00 an 21:00 Auer op der Plaz iwwerpréifen, ob de Versécherten op där Adress, déi hien eragereecht huet, ungetroffen ass. Wann dat de Fall ass, stellt hie seng Presence fest, anerefalls huet de Versécherten dräi Schaffdeeg Zäit, fir seng Absence ze justifiéieren.

Entscheidung fir Maternité oder Accueil

De Maternitéscongé fänkt am Prinzip aacht Woche virum Accouchement un an hält zweielef Wochen duerno op. Bei der Adoptioun vun engem Kand, dat manner wéi zweielef Joer al ass, kann e Congé vun zweielef Wochen accordéiert ginn.

Fir d'Recht op e Maternitéscongé oder e Congé d'accueil ze hunn, ass e Stage d'affiliation obligatoresch. An deem Joer virum Ufank vum Maternitéscongé oder dem Congé d'accueil muss ee minimum sechs Méint obligatoresch verséichert gewiescht sinn, fir datt dat Recht op Entscheedegung duerch d'CNS garantéiert ass.

Entscheidung fir Congé aus familiäre Grënn

All Salarié oder Non-Salarié (Fräiberuffler), deem e Kand zu Laaschten huet, huet d'Recht op e bezuelte Congé aus familiäre Grënn, fir kënne bei sengem Kand ze sinn, wann et krank ass, en Accident geschitt ass, oder aner gesondheetlech Grënn seng Präsenz néideg maachen.

D'Dauer vum Congé pour raisons familiales hänkt vum Alter vum Kand of. 3 Alters-gruppen si virgesinn:

1. E Kand am Alter vu 0 bis manner wéi 4 Joer /// 12 Deeg Congé pro Kand
2. E Kand am Alter vu 4 bis manner wéi 13 Joer /// 18 Deeg Congé pro Kand
3. E Kand am Alter vun 13 bis manner wéi 18 Joer an hospitaliséiert /// 5 Deeg Congé pro Kand am Fall vun enger Hospitalisatioun

D'Unzuel u Congésdeeg gëlle fir de ganzen Zäitraum fir deem se virgesi sinn a ginn net all Joers op 0 gesat.

Béid Elterendeeler kënnen déi selwecht Unzuel u Congésdeeg huelen awer net zur selwechter Zäit.

Eng Absence muss an dësem Fall mat engem Certificat vum Dokter justifiéiert ginn.

Entsiedegung fir eng Aarbechtsdispens am Fall vu Maternité

Verschidden Aarbechte si geféierlech fir d'Gesondheet vu Fraen, déi schwanger sinn oder nieren. D'Evaluatioun vun de Risiko vum der Aarbecht esou wéi och d'Dispens geschéien op Avis vum kompetenten Aarbechtsdokter, op Ufro vum Patron. Am Fall vun enger Dispens gëtt de Loun net méi vum Employeur bezuelt, mee vun der CNS. Déi néideg Dokumenter fir den Dossier unzeleeë sinn un d'CNS ze schécken.

Entsiedegung fir d'Betreiung vun enger Persoun um Enn vun hirem Liewen

Dëse Congé ka vu Salariéë ugefrot ginn, déi Mamm/Papp, Schwëster/Brudder, Duechter/Jong, Partner (Mann/Frau oder legal unerkannte Partner), Schwoer/Schwéiesch oder Schwéierpapp/Schwéiermamm vun enger Persoun mat enger schlimmer Krankheet am Endstadium sinn. D'Dauer vun esou engem Congé ass op maximum fënnf Schaffdeeg (oder 40 Stonnen) d'Joer pro Fall begrenzt. Wann zwou oder méi Persounen sech d'Betreiung deelen, müssen déi sech déi fënnf Deeg oder 40 Stonnen ënnereneen opdeelen. D'Absence vun der Persoun op der Aarbechtsplaz muss mat engem Certificat vum Dokter, deem d'Krankheet vun där Persoun, déi betreit gëtt, attestéiert, justifiéiert ginn.

Entsiedegung am Stierffall

Falls de Versécherter oder ee vu senger Matversécherter stierft, gëtt dës Entsiedegung ausbezahlt.

Prestation-en-naturen

Prestation-en-naturë si Sachleeschungen. Dorënner versteet een d'Gesondheitsleeschungen, déi d'Prestatairen an d'Fournisseuren dem Hauptversécherter an de Matversécherter ubidden.

Et handelt sech dobäi ëm:

- Medezinesch oder zännmedezinesch Versuergung
- Versuergung duerch aner Persounen aus dem Gesondheitssektor
- Analysen an Ënnersichunge vu Laboratoiren
- Therapeutesch Kuren an Erhuelungskuren no enger OP
- Rehabilitatioun a funktional a psychiatresch Readaptatioun
- Orthopedesch Prothesen, Orthesen an Epithesen
- Organspenden
- Medikamenter zu Laaschte vun der Krankeversécherung, ausserhalb vum Spidolssektor
- Brëller a Kontaktlënsen
- Blutprodukten a Plasmaderivater
- Transport
- Fleeg an der Klinik
- Néideg medezinesch Anlagen an Apparater
- Leeschungen während der Schwangerschaft

Wéi kréien ech meng Suen zeréck?

De Prinzip vun der Entsiedegung

Zu Lëtzebuerg ass et jidderengem fräigestallt, fir seng medezinesch Versuergung, säi Prestataire selwer ze wälen. Zu Lëtzebuerg gëtt et fir all Kategorie vu Prestatairen eng Konventioun an d'Prestataire mussen sech un d'Tariffer halen, déi an de Nomenclature festgehale sinn.

D'Krankeversécherung iwwerhëlt nëmmen d'Akten, d'Servicer an d'Fournituren, déi an enger Nomenclature oder an de Lëschten, déi vun de Gesetzter, Reglementer, Konventiounen a Statute virgesi sinn, ageschriwwen sinn.

Falls et sech bei engem Patient ëm en ongewéinleche Fall handele sollt, kënnen d'Prestatiounen, déi sech net an enger Nomenclature befannen, nëmmen ënner verschiddene Konditiounen iwwerholl ginn. De „Contrôle médical“ vun der Sécurité sociale kann decidéieren, Leeschungen, déi aus dësem Kader erausginn, z'iwwerhuelen.

Modalitéite vun der Entsiedegung

Beim Ausbeziele vun den Entsiedegunge ginn et zwou Méiglechkeeten:

- D'Gesondtheitskeess iwwerhëlt d'Leeschung direkt (*tiers payant*)
- De Versécherter muss d'Sue virstrecken a kritt se da vun der CNS rembourséiert.

An deene Fäll, wou d'Gesetz et virgesäit, iwwerhëlt d'Gesondtheitskeess direkt hiren Deel, an de Versécherter muss nëmmen deen Deel, deen net vun der Versécherung iwwerholl gëtt, bezuelen. Am anere Fall bezilt de Versécherter den integrale Montant un de Prestataire (Honorare, Fraisen, asw.) a schéckt duerno der Gesondtheitskeess d'Rechnungen, fir datt déi him deen Deel, deen him zousteet, rembourséiert.

Opgepasst: Rechnungen, déi méi wéi zwee Joer nom Bezuelen ageschéckt ginn, ginn net méi rembourséiert.

Et ass méiglech, d'Entscheidungunge per Scheck an enger vun den Agencë vun der CNS ze kréien, dofir dierfen déi concernéiert Leeschtungen awer net méi wéi 15 Deeg bezuelt sinn, a musse mindestens e Montant vun 100 € errechen. Dëse Scheck kann een ouni Fraisen an all Büro vun der Post aléisen.

Déi 16 Agencë vun der CNS hu moies tëschent 8:30 an 11:30 Auer a mëttës tëschent 13:00 a 16:00 Auer op (ausser Hollerech: vun 8:00 bis 16:00 Auer).

D'Agencë sinn op folgende Plazen ze fannen:

Beetebuerg, Maarnesch, Dikrech, Déifferdeng, Diddeleng, Iechternach, Esch-Uelzecht, Ettelbréck, Gréiwemaacher, Hollerech, Lëtzebuerg Stad, Miersch, Réiden un der Atert, Réimech, Rémeleng a Wolz.

TIPP: Rechnungen, déi een op d'CNS schéckt, musse keen Timber kréien, wa se hei am Land verschéckt ginn. Recommandé sinn awer ëmmer zu Laaschte vun dem Versécherten.

D'Krankeversécherung online via MyGuichet.lu

Zënter Oktober 2017 kann de Versécherte verschidde Servicer betreffend Krankeversécherung iwwer den Onlineportal vun den administrativen Demarchë vum Lëtzeburger Staat, Guichet.lu, ufroen.

Konkret kann een:

- eng online Versioun vum Detail du remboursement vun de Kranken a Maternité Käschen ufroen;
- perséinlech Donnéeën consultéieren;

oder folgend Demarchë maachen:

- en provisoireschen Ersatzzertifikat vun der Europäescher Krankeversécherungskart ufroen;
- eng Attestatioun ufroen déi bescheinegt datt ee Recht op Prestatiounen huet déi während engem temporären Openthalt a Kap Verde, Québec, Bosnien a Herzegowina, Tunesien oder der Tierkei kéinten néideg sinn;
- en Zertifikat datt ee matverséchert ass ;
- Bankdonnéeën änneren.

Virdeeler

Et ginn etlech Virdeeler. Et kann een d'Demarchë vun iwwerall an der Welt 24 Stonnen am Dag, 7 Deeg an der Woch maachen. D'Donnéeën si sécher, d'Demarchë gi séier traitéiert an d'Receptioun vun den Dokumenter geschitt am private Sécherheetsberäich. Well d'Lagerung vun den elektronischen Dokumenter einfach ass, brauch een net méi d'Pabeier-Versioun vun der Keess, well d'Dokument kann iwwerall an zu all Ablack consultéiert a gedréckt ginn.

Sécherheetsaspekter

D'Authentifizierung mat engem LuxTrust Produkt oder enger elektronischer Identi-téitskaart (eID) suert fir e grouse Sécherheetsniveau bei der Umeldung am private Sécherheetsberäich op MyGuichet. Et erlaabt der Keess de Versécherte kloer ze identifizéieren.

Dës Authentifizierung ass obligatoresch fir den Detail du remboursement am MyGuichet Beräich gesat ze kréien.

Dofir, einfach den eDelivery aktivéieren. Duerno informéiert eng E-Mail Notifikatioun de Versécherten iwwert den Depot vum Detail du remboursement am private Sécherheetsberäich MyGuichet, wou en dann am PDF-Format consultéiert ka ginn.

D'Authentifizierung erméiglecht et och, d'Donnéeën vun der Krankekeess fir d'Virbereedung vun de Prozeduren ze benotzen an déi perséinlech Donnéeën bei der Krankekeess ze consultéieren.

Dës online Servicer refletéieren de Wëllen, d'Informatiounsservicer ze moderniséieren an d'Bezéiung tëschent de Versécherten an der Keess ze vereinfachen. Aner Demarchë wäerten no a no op Guichet.lu bäigesat ginn.

Site

De Versécherte kann sech aloggen iwwert de Link

<http://www.guichet.public.lu/myguichet/fr/index.html>

PENSIOUN

Mise à jour 2018

D'Caisse nationale d'assurance pension (CNAP) këmmert sech ëm d'Pensiounsversécherung am Régime général. Mir bezéien eis an dësem Kapitel nëmmen op d'Alterspensioun. Informatiounen zur Invalidespensioun oder der Hannerbliwwenepensioun fënns du um Site vun der Caisse nationale d'assurance pension (www.cnap.lu).

» WÉI ENG ASSURANCEN GINN ET?

Et gëtt esouwuel d'Assurance obligatoire wéi d'Assurance volontaire.

ASSURANCE OBLIGATOIRE A WIE FÄLT DORËNNER?

D'Assurance obligatoire ass un eng Beschäftegung gebonnen. Et handelt sech heibäi ëm déi Cotisatiounen, déi vun dengem Bruttoloun direkt ofgehal ginn.

Als Salarié ass een automatesch obligatoresch versécher.

ASSURANCE VOLONTAIRE

D'Gesetz gesäit dräi Kategorien op fräiwëlleger Basis vir, déi all duerch Cotisatioune gedeckt sinn:

- Fräiwëlleg Weiderversécherung (*assurance volontaire continuée*)
- Fakultativ Assurance (*assurance facultative*)
- Nokaf vu Versécherungszeiten (*achat rétroactif de périodes d'assurance*)

Pensiounsalter

De legale Pensiounsalter läit aktuell bei 65 Joer; wann ee minimum 120 Méint obligatoresch oder fräiwëlleg abezueht huet.

De Pensiounsalter kann, ënnert verschiddene Konditiounen, no vir verréckelt ginn:

Ab 57 Joer; wann ee minimum 480 Méint obligatoresch abezueht huet

Ab 60 Joer; wann ee minimum 480 Méint obligatoresch oder fräiwëlleg abezueht huet

Gi Studien ugerechent?

Jo, d'Studien, déi een am Alter vun 18-27 Joer mécht, ginn ugerechent, mee se hunn awer net esou eng grouss Valeur, wéi déi Joren, wou een abezilt. Fir se ugerechent ze kréien, muss du der Pensiounskeess entweder en Diplom oder e Certificat d'études vun denger Studienzäit erareeche.



Une nouvelle étape commence

Êtes-VOUS déjà membre?



Rapatriement mondial gratuit
en cas d'urgence médicale



Propre centrale d'alarme à VOTRE
service 24h/7 et 365 jours



Service professionnel
et personnalisé



Sauvetage aérien au Luxembourg
et dans la Grande-Région

Wéi gëtt meng Pensioun gerechent?

De Montant vun der Pensioun ergëtt sech aus Majoration-forfaitairen a Majoration-proportionellen.

D'Majoration-forfaitaire kritt een opgrond vun de Méint, déi een abezuelt huet, an d'Majoration-proportionellen ergi sech aus de Montanten, déi een abezuelt huet.

D'Lëtzebuerger Gesetz gesäit ënner verschiddene Konditiounen eng Mindestpensioun vir:

Wat gëtt vu menger Pensioun ofgehalen?

Vun der Bruttopensioun ginn nach e puer Montanten ofgehal, éier s du se op däi Konto iwwerwise kriss:

- D'Cotisatioun fir d'Krankekeess (2,8%)
- Steieren
- D'Cotisatioun vun der Fleegeversécherung

Brauch ech eng Zousazpensioun?

Dat muss jidderee fir sech decidéieren. D'Assurancen an d'Banke bidde verschidde Produiten un. Wann dech dat intresséiert, huel dir einfach e Rendezvous bei denger Bank oder denger Assurance, a looss der d'Produite genee erklären.

Kontakt

Caisse nationale d'assurance pension

L-2096 Lëtzebuerg

Tel.: (+352) 22 41 41 - 1

Fax: (+352) 22 41 41 - 6443

E-Mail: cnap@secu.lu

Liens et sites internet / Links and websites :

www.cnap.lu

Auf Deutsch: www.cnap.lu/accueil-home/informationen-in-deutscher-sprache/

STEIEREN

Mise à jour 2018

» WÉI, WOU, WAT, FIRWAT?

FIRWAT BEZUELEN ECH STEIEREN?

D'Steieren, déi vum Salaire ofgehalen ginn, zielen zu de Recettë vum Staat an droen zum gudde Fonctionnement vum Land bäi.

WÉINI BEZUELEN ECH STEIEREN? - QUELLESTEIER

Zu Lëtzebuerg ginn d'Steieren direkt vun dengem Salaire ofgehalen. Den Employeur gëtt déi Suen direkt un d'Steierverwaltung (Administration des contributions directes) weider. Dat nennt een „Quellesteier“. Als Employé(e) muss du dengem Patron just deng Steuerkaart ginn.

D'Steierkaart (*fiche de retenue d'impôt*) ass en Dokument, dat festhält, a wat fir enger Steuerklass du bass oder mat wéi engem Taux däi Salaire besteiert gëtt. Et ass e wichtegt Dokument fir de Patron, fir d'Quellesteier vun denger Pai ofzerechnen.

Fir d'éischt solls du kontrolléieren, ob all d'Informatiounen - virun allem d'Steierklass oder den Taux - op der Fiche richteg sinn. Wann alles korrekt ass, kanns du dengem Employeur d'Fiche ginn. Dee këmmert sech dann ëm de Rescht.

WÉI KRÉIEN ECH MENG STEIERKAART?

Deng Steuerkaart kriss du automatesch heem geschéckt, wann däi Patron dech beim Centre commun de la sécurité sociale (www.ccss.lu) umellt.

Wann s du zum Beispill bestuet gëss oder plënners, muss du däin État civil oder deng Adress op denger Gemeng änneren. Déi Informatioun gëtt dann vun der Gemeng un d'Steierverwaltung weidergeleet an du kriss dann automatesch eng nei Steuerkaart heemgeschéckt.

WÉI GI MENG STEIERE GERECHENT?

De Montant vu Steieren, déi ee bezuele muss, hängt haaptsächlech vun zwou Saachen of:

- Dem Gesamtsalaire an aneren Revenuen,
- Der familiärer Situatioun

Et ginn dräi Steuerklassen, déi de Steiersaz matbestëmmen:

- Klass 1: Fir onbestuete Leit ouni Kanner, déi manner wéi 65 Joer hunn
- Klass 1a: Fir Witfraen a Witmänner, onbestuete Leit mat Kanner zu Laaschten an onbestuete Leit, déi iwwer 65 Joer hunn
- Klass 2: Fir Persounen, déi zesumme besteiert ginn, entweder duerch Bestietnis, PACS, mat oder ouni Kanner zu Laaschten

Onofhängeg vun der Steuerklass gi Steieren no der Methode progressive gerechent. Dat heescht: Wat ee méi verdéngt, wat ee méi Steiere bezuele muss. Den Taux variéiert tëschent 0 an 42%.

Um Site vun der Steierverwaltung (www.impotsdirects.public.lu), ënnert der Rubrik „Barèmes“ kanns du online deng Steieren ausrechnen.

» STEIERERKLÄRUNG AN DÉCOMPTE ANNUEL

Duerch d'Ausfëlle vun engem Décompte annuel oder enger Steiererklärung kann een Suen zeréckkréien, wann de Salarié ze vill Quellesteier bezuelt huet. .

MUSS ECH ENG STEIERERKLÄRUNG ODER EN DÉCOMPTE ANNUEL MAACHEN?

Jee no Familljen- a Berufsstand, muss du entweder en Décompte annuel oder eng Steiererklärung maachen. Eng Steiererklärung muss de zum Beispill maache:

- wann däi Salaire méi héich wéi 100.000 € ass
- wann s du méi wéi eng Aarbechtsplaz hues, dat heescht wann s du fir méi Patrone gläichzäiteg schafft
- wann s du nach aner Revenue kriss ewéi zum Beispill Dividenden oder Loyereren.

Och Fräiberuffler a Geschäftsleit mussen eng Steiererklärung maachen.

Wann däi Patron deng Steieren direkt vum Salaire ofhält, hues du am Prinzip deng Steiere bezuelt.

A verschiddene Fäll hues du awer Interêt, en Décompte annuel unzufroen, zum Beispill:

- Wann s du Zësen op engem Prêt bezuelt hues (zum Beispill um Studentepret)
- Wann s du eng Zousazpensioun bezils
- Wann s du eng Liewensversécherung, eng Krankeversécherung oder eng Haftpflicht bezils (dozou gehéiert och d'Haftpflicht fir den Auto, awer net d'Kasko)
- Wann s du Cotisatiounen bei enger bekannter Mutuelle bezils
- Wann s du an e Bauspuervertrag abezils.

An dësem Fall kriss du héchstwahrscheinlech Steiere vum Steieramt zréck.

BIS WÉINI MUSS ECH EN DÉCOMPTE ANNUEL ERASCHÉCKEN?

Den Delai fir en Décompte annuel vum Joer X eranzeschécken, ass den 31. Dezember vum Joer X+1.

ECH HU MATZEN AM JOER UGEFAANG MAT SCHAFFEN, MUSS ECH EN DÉCOMPTE ANNUEL MAACHEN?

D'Steieren, déi däi Patron vun dengem Salaire ofhält, sinn op engem Revenu vun engem Joer gerechent, dat heescht wéi wann een zwielef Méint schaffe géif. Wann de Salaire net iwwer zwielef Méint bezuelt gouf, kanns du ze vill Steiere bezuelt hunn. Et ass deemno unzeroden, en Décompte annuel auszefëllen. Du kriss dee Moment déi Steieren zeréckbezuelt, déi s du ze vill ofgehalen krus.

D'Formulaire vum Décompte annuel an der Steiererklärung fënns du online um Site www.impotsdirects.public.lu, ënnert der Rubrik „Formulaires“ – „Décompte annuel (RTS)“ - „Modèle I 63“ repektiv Personnes physiques „Modèle I 00“.

Weider Informatiounen fënns de op Guichet.lu, Portail „Citoyens, Rubrique „Impôts“.

Kontakt

Administration des contributions directes

www.impotsdirects.public.lu

» JÄERLECHEN ERHUELUNGSCONGÉ

WÉIVILL CONGÉ HUNN ECH ZEGUTT?

D'Gesetz gesäit e jäerlechen Erhuelungscongé („Congé annuel de récréation“) vu minimum 25 Schaffdeeg vir:

Fir Salariéen, déi Deelzäit schaffen, gëllen aner Reegelen. Déi Salariée kréien undeeleg Congé op Basis vun hirer Wochenaarbechtszäit: $5 \times X \text{ Stonnen d'Woch} = Y \text{ Stonne Congé d'Joer}$.

WAT ASS E SCHAFFDAG?

Ënner Schaffdag versteet een all Dag vum Kalenner, ausser sonndes a gesetzlech Feierdeeg.

WISOU MINIMUM 25 DEEG?

25 Deeg Congé sinn de Minimum, deem all Salarié zegutt huet. Duerch Kollektivvertrëg oder Einzelvertrëg mam Employeur kann een awer méi Congésdeeg kréien.

AB WÉINI KANN EE CONGÉ HUELEN?

Am Prinzip kann de Salarié ab dem 1. Januar vum Joer säi Congé fir d'ganz Joer huelen.

Mee! Wann een nei agestellt gouf, muss een dem Gesetz no dräi Méint waarden, éier ee ka Congé huelen. An der Praxis hänkt dat vill vum Employeur of. Dofir rode mir dir, am beschten direkt beim Chef nozefroen, wéi dat an der Firma gehandhaabt gëtt.

WÉI HUELEN ECH CONGÉ?

D'Prozedur ass an all Firma e bëssen anescht. Am Prinzip freet de Salarié säi Congé bei sengem Employeur oder engem Virgesetzten un. Wann deem näischt dogéint seet, ass de Congé acceptéiert. Wann s du mat anere Leit zesummeschaffs, soll de Congé oft openeen ofgestëmmt ginn, fir dass ëmmer een am Büro ass. Schwätz am beschte mat dengem neien Aarbechtskollegen, fir gewuer ze ginn, wéi dat an ärer Firma gehandhaabt gëtt.

E Congé ka refuséiert ginn, wann een op der Aarbecht gebraucht gëtt (Besoine vum Service) oder wéinst begrënnte Wënsch vun anere Salariéen (Prioritéit fir Salariéen, déi Kanner zu Laaschten hunn).

KA MÄIN EMPLOYEUR MÄI CONGÉ ZERÉCKHUELEN?

Wann de Congé bis accordéiert ass, muss e vum Salarié a vum Employeur agehale ginn.

Den Employeur huet allerdéngs d'Recht, dem Salarié säi Congé ze sträichen, am Fall wou de Salarié an där Zäit onbedéngt an der Firma gebraucht gëtt. Och de Salarié ka säi Congé am Fall vun „ausseruerdentlechen Ëmstänn“ annulléieren an / oder dono verréckelen.

KANN ECH MÄI CONGÉ AN DAT NÄCHST JOER MAT ERIWWERHUELEN?

Congé, deem am Laf vum Kalennerjoer wéinst Motif-de-Refusen (Besoine vum Service, Wënsch vun anere Salariéen) net konnt geholl ginn, ka bis den 31. Mäerz dat Joer drop reportéiert ginn.

Och wann ee krank war; an dofir kee Congé huele konnt, kann een déi Deeg mat an d'nächst Joer huelen.

Congé vum éischte Schaffjoer; deem net geholl gouf, kann onlimitéiert op dat ganz nächst Joer reportéiert ginn.

» EXTRA CONGÉEN

FIR BEI DEN DOKTER ZE GOEN

D'Gesetz gesäit kee Congé fir, deem et dem Salarié erméiglecht, bei den Dokter ze goen. De Salarié muss also den Employeur froen, ob hie während der Aarbechtszäit ka bei den Dokter goen, ouni Congé ze huelen.

A verschiddene Kollektivvertrëg kréien d'Salariéen d'Recht, während der Aarbechtszäit bei den Dokter ze goen, ouni Congé ze huelen.

ANER CONGÉEN

Et ginn nach eng ganz Rëtsch aner Grënn, fir déi ee ka Congé accordéiert kréien. Dorënner falen:

- Congéén, déi un déi perséinlech Situatioun gebonne sinn:
 - Ausseruerdentleche Congé aus perséinleche Grënn (*congé extraordinaire pour motifs personnels*)
 - Maternitéscongé (*congé de maternité*)
 - Adoptiounscongé (*congé d'accueil*)
 - Congé parental
 - Congé aus familiäre Grënn (*congé pour raisons familiales*)
 - Congé fir eng Persoun um Enn vun hirem Liewen ze betreien (*congé pour l'accompagnement d'une personne en fin de vie*)
- Congéén fir Formatiounen
 - Individuelle Formatiounscongé (*congé individuel de formation*)
 - Onbezuelte Formatiounscongé (*congé sans solde pour formation*)
 - Congé fir sproochlech Weiterbildung (*congé linguistique*)
- Congéë, déi un e Mandat gebonne sinn
 - Politesche Congé (*congé politique pour élus communaux*)
 - Congé fir d'Ausféiere vun engem Mandat (*congé pour mandat social*)
- Congéë fir extra-professionell Aktivitéiten
 - Congé fir Leeschtungssport (*congé sportif*)
 - Congé fir éierenamtlech Secouristen (*congé spécial pour volontaires des services de secours*)
 - Congé fir Entwécklungshëllef (*congé de coopération au développement*)
 - Congé fir Jugendaarbecht (*congé-jeunesse*)
- Congé fir eng nei Aarbecht ze sichen

Informatiounen heizou fënns du um Site www.guichet.lu, ënnert der Rubrik „Emploi/Travail“ – „Congés et jours fériés“

KRANKHEET

Mise à jour 2018

» WÉI, WOU, WAT, FIRWAT?

WÉINI MUSS ECH DEM EMPLOYEUR BESCHEED SOEN?

Am Fall wou de Salarié krank ass, muss en dem Employeur den éischten Dag, wou en net schaffe kënnt, Bescheed soen.

WÉI MUSS ECH DEM EMPLOYEUR BESCHEED SOEN?

Et kann een entweder perséinlech Bescheed soen oder eng Drëttpersoun froen. Dat Ganzt ka per Telefon oder E-Mail/Fax geschéien, woubäi E-Mail a Fax et erlaben, duerno e schrëftleche Beweis ze hunn.

AB WÉINI BRAUCH ECH E CERTIFICAT VUM DOKTER?

Spéitstens den drëttten Dag, wou een net ka schaffe goen, muss een e Certificat vum Dokter erareeche. Virdru kann een dat awer och scho maachen. Den Employeur muss de Certificat spéitstens um Enn vum drëttten Aarbechtsdag hunn.

FIRWAT MUSS ECH E CERTIFICAT VUM DOKTER ERASCHÉCKEN?

Wann een dem Employeur direkt den éischten Dag Bescheed gesot an de Certificat vum Dokter erageschéckt huet, ass een per Gesetz géint Kënnegung geschützt. Fir dass d'Gesetz gräift, mussen déi zwou Konditiounen erfëllt sinn, an d'Protektioun duerch d'Gesetz ass och zäitlech limitéiert. Si spillt nëmme 26 Wochen ab dem éischten Dag vun der Krankheet.

Hei ginn et e puer Ausnamen. Den Employeur kann dem Salarié kënnegen, wann:

- De Salarié kee Certificat vum Dokter no dräi Deeg ofginn huet;
- De Salarié duerch e Verbiechen oder e Verstouss, un deem hien absichtlech deelgeholl huet, krank ginn ass;
- De Salarié dem Employeur net Bescheed gesot huet an de Certificat vum Dokter eréischt ofgëtt, nodeems hie gekënnegt ginn ass;
- D'Schutzperiod ofgelaf ass.

GINN ECH WÄREND DEM KRANKESCHÄI BEZUELT?

Jo.

WAT GESCHITT, WANN ECH WÄREND MENGEM CONGÉ KRANK GINN?

Wann de Salarié virun oder während sengem Congé krank gëtt, en doduerch net vu sengem Congé profitéiere kann an en e Certificat vum Dokter ofginn huet, ginn déi Deeg, déi e krank geschriwwen ass, net vum Congé ofgerechent.

KANN HEEFEGT FEELEN DUECH KRANKHEET ZUR KËNNEGUNG FÉIEREN?

Jo, wann een oft oder länger weinst Krankheet feelt, kann dat e Grond fir eng Kënnegung sinn. Dëst, well villt Feelen och zu Problemer an der Organisatioun vun der Firma féiere kann, an den Employeur net méi kann op säi Salarié zielen. Den Employeur kann dem Salarié bei sengem Retour oder beim Auslafe vun der Schutzperiod vu 26 Woche kënnegen, an als Grond eng schwéier Désorganisatioun vun der Entreprise weinst längerem, beziéungsweis widderhueltem Fortbleiwe vum Salarié uféieren.

Wann s du op 104 Woche réckwierkend gekuckt méi wéi 52 Woche krank bass, da féiert dëst zu enger automatescher Opléisung vum Aarbechtskontrakt. Bei dësen 52 Wochen ass et ganz egal, ob s du weinst verschidde Krankheete gefeelt hues oder ëmmer nees weinst där selwechter.

KANN DEN EMPLOYEUR MECH BEI EN DOKTER SCHÉCKEN?

Den Employeur kann de Salarié während dem Krankeschäi bei en Dokter schécken, deen hien erausgesicht huet. De Salarié kann dëst net ouni gutt Grënn refuséieren.

Am Fall wou de Salarié soll refuséieren bei den Dokter ze goen, kann dat als Faute grave gewäert ginn. En plus fält doduerch den Kënnegungsschutz.

WAT GËLLT ALS AARBECHTSACCIDENT?

D'Gesetz definéiert en Aarbechtsaccident als en Accident, deen engem Assuréierten duerch seng Aarbecht oder bei senger Aarbecht geschitt.

Als Aarbechtsaccident gëllt awer och den Trajetsaccident. Dat ass en Accident, deen um Wee fir op d'Aarbecht oder um Retour geschitt:

- Tëscht dem Haaptwunnsätz, dem Zweetwunnsätz oder all anerer Plaz, déi den Assuréierte regelméisseg fir familiär Zwecker besicht an der Aarbechtsplaz;
- Tëscht der Aarbechtsplaz an dem Restaurant, der Kantin, oder – méi generell gesinn – der Plaz wou den Assuréierte gewéinlech iesse geet.

Ausser am Fall vun „ausseruerdentlechen Ëmstänn“ muss de Salarié direkt sengem Employeur iwwer den Aarbechts- oder Trajetsaccident Bescheid soen.

Den Employeur deklariéiert den Accident bei der Association d'assurance accident (AAA) an deelt hir sämtlech Informatiounen mat. D'Association d'assurance accident (AAA) ass en Etablissement public, dat sech ëm d'Präventioun an d'Indemnisiatioun vun Aarbechtsaccidenten a Berufskrankheete këmmert.

KONTAKT

Association d'assurance accident

125, route d'Esch
L-2976 Lëtzebuerg
Ëffnungszäite vun de Guicheten: 8:00 bis 16:00 Auer
Tel.: (+352) 26 19 15 - 1
Fax: (+352) 49 53 35
E-Mail:

- Service vun de Prestatiounen: prestation@secu.lu
- Service vun der Präventioun: prevention@secu.lu

Liens et sites internet / Links and websites:

www.aaa.lu

FORMATIOUN

Mise à jour 2018

Lifelong Learning ass haut méi wéi jee en Thema fir Salariéen an Employeuren. Fir um neiste Stand ze bleiwen an nei Techniken ze léieren, muss een ëmmer erëm a Formatiounen goen.

» INDIVIDUELLE FORMATIOUNSCONGÉ (CONGÉ INDIVIDUEL DE FORMATION)

FIR WIEN ASS DEN INDIVIDUELLE FORMATIOUNSCONGÉ?

Den individuelle Formatiouscongé (CIF) riicht sech u Salariéen aus dem Privatsecteur.

WÉINI KANN ECH VUM CIF PROFITÉIEREN?

Fir vum CIF profitéieren ze kënnen, muss een:

- Haaptsächlech zu Lëtzebuerg schaffen;
- Duerch en Aarbechtskontrakt un eng zu Lëtzebuerg registréiert Entreprise gebonne sinn;
- Zum Zäitpunkt, wou een de CIF ufreet, op d'mannst säit sechs Méint beim Employeur beschäftegt sinn.

WÉI VILL INDIVIDUELLE FORMATIOUNSCONGÉ HUNN ECH ZEGUTT?

All Salarié huet am Laf vu senger Carrière 80 Deeg CIF zegutt. Dës Deeg kënnen, ënner verschiddene Konditiounen, op verschidde Formatioune verdeelt ginn:

- 20 Deeg maximum während enger Period vun zwee Joer;
- Een Dag Minimum.

Opgepasst! Een Dag CIF entsprécht net engem Schaffdag.

Ëmfro dech am beschten an denger Entreprise, wann et bis esou wäit ass.

Méi Informatiounen heizou fënns du um Site Guichet.lu, ënnert der Rubrik „Citoyens” – „Travail/Emploi” – „Congés et jours fériés” – „Congés pour formation professionnelle”.

GINN ECH WÄHREND DEM CIF BEZUELT?

Jo.

» CONGÉ SANS SOLDE POUR FORMATION

De Congé sans solde pour formation riicht sech u Salariéen aus dem Privatsecteur. E gëtt hinnen d'Méiglechkeet, sech fir eng limitéiert a festgeluechten Zäit onbezuelte Congé ze huelen, fir eng Formatioun ze maachen.



DEINE **ZUKUNFT**
ZUSAMMEN GETALTEN

CONCEVOIR TON **AVENIR**
ENSEMBLE



WWW.LCGB.LU

11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | INFO@LCGB.LU

WÉINI KANN ECH VUM CONGÉ SANS SOLDE POUR FORMATION PROFITÉIEREN?

Fir vum Congé sans solde pour formation profitéieren ze kënnen, muss een:

- Am Privatsektor schaffen;
- Op d'mannst zwee Joer beim Employeur agestellt sinn.

WÉI LAANG KANN ECH CONGÉ SANS SOLDE POUR FORMATION HUELEN?

Pro Salarié ass d'Dauer vum Congé sans solde pour formation op zwee Joer maximum limitéiert:

- Minimum véier Wochen um Stéck;
- Maximum sechs Méint um Stéck.

Liens et sites internet / Links and websites:

<http://www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/conges-jours-feries/formation-professionnelle/conge-individuel-formation/index.html>

<http://www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/conges-jours-feries/formation-professionnelle/conge-sans-solde-formation/index.html>

<http://www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/conges-jours-feries/formation-professionnelle/conge-linguistique/index.html>

IFBL (Institut de Formation Bancaire)

E-Mail: customer@ifbl.lu

Internetsäit: www.ifbl.lu

Institut National des Langues & Centre de langues

Internetsäit: www.inll.lu

Chambre de Commerce

Internetsäit: www.cc.lu

Luxembourg School of Commerce

Internetsäit: www.lsc.lu

Chambre des Salariés

Internetsäit: www.csl.lu

Sacred Heart University Luxembourg

Internetsäit: www.shu.lu

CHÔMAGE

Mise à jour 2018

Wéi scho virdrun erkläert, soll ee sech als Jonken, wann ee mat der Uni fäerdeg ass, direkt bei der ADEM umellen. Dëst gëllt awer och, soubal ee säin Job verléiert.

All d'Informatiounen zur ADEM fënns du op hirem Site www.adem.lu.

WÉINI KANN ECH MECH BEI DER ADEM MELLEN?

Bei der ADEM kann ee sech mellen, wann:

- Ee gekënnegt krut
- D'Aarbechtsverhältnis op en Enn gaang ass (Ofafe vum CDD, Kënnegung, asw.)
- Ee mat senger Tätegkeet als Fräiberuffler ophält oder am Fall vun enger Insolvenz
- Ee mat sengem Studium fäerdeg ass
- Een zwar nach schafft, mee d'Aarbecht wëllt wiesselen.

WOU MUSS ECH MECH MELLEN?

D'ADEM huet de Moment siwe regional Büroen. Jee no Wunnsätz gehéiers du zu engem Büro.

Hei presentéiers du dech mat denger Carte d'identité oder dengem Pass.

WÉI LEEFT D'UMELDUNG BEI DER ADEM OF?

Du kriss bei dengem éischte Rendezvous e Questionnaire, deem s du ausfëllen a bei dengem nächste Rendezvous erëm ofgi muss. Wann dat bis gemaach ass, kriss du e Rendezvous mat engem sougenannten „Conseiller professionnel“, deem dir hëlleft, eng Aarbecht ze fannen.

WAT SI MENG VIRDEELER, WANN ECH MECH BEI DER ADEM MELLEN?

Eng Umeldung bei der ADEM erméiglecht dir:

- Ënnerstëtzung an Orientéierung duerch d'ADEM bei der Sich no enger Aarbecht ze kréien
- Vun de Servicer vun der ADEM ze profitéieren
- Reegelméisseg Hëllef vun engem Beroder vun der ADEM ze kréien
- Chômage ze kréien, falls du d'Konditiounen erfëlls, an doduerch och weiderhi sozialverséichert ze sinn.

WÉINI KRÉIEN ECH CHÔMAGE?

Am Fall wou d'Aarbechtsverhältnis ouni Schold vum Salarié op en Enn geet, huet dësen, ënner verschiddene Konditiounen, d'Recht op Chômage. Och als frësch Diploméierte kanns du heivunner profitéieren.

Fir Chômage kënnen ze kréien, muss du:

- Ouni eege Schold deng Aarbecht verluer hunn
- Zu Lëtzebuerg wunnen
- Tëschent 16 a 64 Joer al sinn
- Aarbechtsfäeg a prett fir ze schaffe sinn
- Op der ADEM als Demandeur d'emploi ageschriwwen sinn
- Minimum 26 Woche vun deene leschten zwielef Méint geschafft hunn.

Liens et sites internet / Links and websites:

www.adem.lu

www.guichet.public.lu/citoyens/fr/sante-social/chomage/inscription-adem/inscription-demandeur-emploi

www.guichet.public.lu/citoyens/fr/travail-emploi/chomage/indemnite-chomage/indemnite-chomage-resident



**ECH HUELE MÄI LIEWE
SELWER AN D'HAND**

» DE SECTEUR VUN DEN ASSURANCEN ZU LËTZEBUERG

Den Assurancëssektor besteet aus zwou Branchen:

- D'Liewensversécherungen (assurances-vie): Se wierke bei engem Stierffall oder engem Invalidefall. Och d'Assurancë fir Zousazpensiounen falen an dës Branche.

Lëtzebuurger Assurancë bidden esou Kontrakter och Leit un, déi net zu Lëtzebuerg, mee an engem aneren EU-Land wunnen.

- D'Net-Liewensversécherungen (assurances non-vie): Dorënner falen ënnert anerem Assurancen am Fall vun engem Brand, engem Accident oder engem Schued. Och d'Krankeversécherung an d'Haftpflicht falen an dës Beräich.

Dës Produite sinn am Prinzip nëmme fir Persounen, déi zu Lëtzebuerg wunnen, mee verschidde Gesellschaften hu sech och op Leit aus dem internationale Raum spezialiséiert.

» HAFTFLICHT

MUSS ECH ENG HAFTFLICHT HUNN?

Dës Assurance ass zu Lëtzebuerg net obligatoresch. Trotzdeem soll een onbedéngt eng Haftpflicht hunn.

FIRWAT BRAUCH ECH ENG HAFTFLICHT?

Am deegleche Liewe geschéien ëmmer erëm kleng Accidenter, déi d'Haftpflicht spille loossen. D'Haftpflicht kënnt fir all materiellen a kierperleche Schued op, deen ee selwer, oder eng Persoun fir déi ee responsabel ass (z.B. e Kand), un engem Drëtte verursaacht huet.

D'Haftpflicht ass hirersäits nees an zwou Branchen opgedeelt:

- Privatliewen: Hei trëtt d'Assurance zum Beispill a Kraaft, wann een eng Persoun am Stroosseverkéier (z.B. mam Vëlo) oder beim Sport sollt verletzen, oder wann een e materielle Géigstand vun enger anerer Persoun iertemlech beschiedegt (z.B. Schued um Haus).
- Aarbechtswelt:
 - Salariéen: Op der Aarbecht gëtt d'Haftpflicht am Prinzip vum Patron iwwerholl.
 - Fräiberuffer: Fir Persounen, déi selbstänneg sinn, zum Beispill Dokteren oder Architekten, ass et wichteg an fir verschidden Beruffer obligatoresch, eng eegen Haftpflicht ze hunn, déi si an hir Salariéë géint eventuelle materiellen oder kierperleche Schied verséichert, déi op der Aarbecht kënne virkommen oder Schied déi hir Aarbecht Drëttpersounen zoufüügt.

» ASSURANCEN UM AUTO

Soubal ee sech en Auto uschaaft, muss een deen och assuréieren. Heifir ginn et vill verschidde Produiten, déi vun enger einfacher Haftpflicht (obligatoresch) bis zur Vollkasko (net obligatoresch) ginn. Looss dech am beschte vun engem Agent beroden, fir ze kucken, wat fir dech ubruecht ass.

DEN AUTOMOBIL CLUB LËTZEBUERG (ACL)

Den Automobil Club Lëtzebuerg (ACL) bitt senge Memberen eng Rei Servicer ronderëm den Auto un. Dobäi kann een tëschent verschiddene Produite wälen, jee nodeem, ob ee just zu Lëtzebuerg oder och am Ausland vun de Servicer Gebrauch maache wëllt.

Zu dës Servicer ziele beispillsweis d'Ofschleefe vum Auto an d'Heembréngung vun de Persounen am Fall vun enger Pann, d'Bereetstellung vun engem Ersatzauto an déi juristesche Ënnerstëtzung. Op internationalem Niveau këmmert sech den ACL och ëm gesondheetlech Servicer am Ausland.

» ZOUSAZVERSÉCHERUNGEN

Den Assurancësecteur gëtt hautdesdaags ëmmer méi komplex an d'Gesellschaftë proposéieren ëmmer méi verschidde Produiten. Vun der zousätzlecher Krankeversécherung bis zur Pensiounsversécherung ass alles dobäi.

KRANKEVERSÉCHERUNG

Zu Lëtzebuerg ass een als Salarié automatesch bei der CNS krankeverséichert. Dës Assurance bitt e Basisschutz an offrëiert engem eng ganz Rei Services, déi een awer duerch Zousazassurancë bei Mutuellen oder Assurancëgesellschaften erweidere kann.

Déi gréisst Mutuelle zu Lëtzebuerg, déi keng Assurancëgesellschaft *per se* ass, ass **d'Caisse Médico-Complémentaire Mutualiste (CMCM)**. D'CMCM gëllt als Zousaz zur gesetzlech virgeschriwwener Krankeversécherung an trëtt bei wichtege medezineschen Agrëffer a bei Openthalter am Spidol a Kraaft. D'CMCM iwwerhëlt een Deel vun de Käschten am Fall vun engem Openthalt am Spidol. Wann een och déi zousätzlech Garantie PRESTAPLUS ofgeschloss huet, trëtt d'CMCM och bei méi klengen Agrëffer a Kraaft. Zousätzlech ginn och nach Garantië wéi DENTA- an OPTIPLUS ugebueden. Dës iwwerhuele gewëssen zousätzlech Käschte beim Zänn- oder Aendokter. D'CMCM bitt e Service am Fall vun enger Erkrankung oder engem Accident am Ausland.

Mee verschidden Assurancë bidden och esou Produiten un.

AIR RESCUE

D'Luxembourg Air Rescue hëlleft senge Memberen am Fall vun enger Erkrankung am Ausland. Si këmmert sech ëm de medezinesche Service ausserhalb vu Lëtzebuerg an organiséiert de Récktransport op Lëtzebuerg.

» D'ASSOCIATION DES COMPAGNIES D'ASSURANCES ET DE RÉASSURANCES DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Zënter méi wéi 60 Joer regroupéiert *d'Association des Compagnies d'Assurances et de Réassurances du Grand-Duché de Luxembourg (ACA)* d'Betriben vun den Assurancen zu Lëtzebuerg. D'Ziel vun der ACA ass, d'Interesse vun hire Memberen ze verrieden an d'Offer géigeniwwer dem Public ze verbesseren.

ËNNERSTËTZUNG

Mise à jour 2016

» CHAMBRE-PROFESSIONNELLE

Zu Lëtzebuerg gëtt de Salarié op zwee Niveaue representéiert: De fräiwëllegen an den obligatoreschen.

WAT ASS ENG CHAMBRE PROFESSIONNELLE?

D'Chambre-professionnellë sinn ëffentlech Institutiounen, déi vum Gesetz virgesi sinn. Si setze sech fir d'Erhalen an d'Verbesserung vun den Interesse vun hirer jeeweileger Berufsgrupp an. Se sinn aus zwou Zorte Memberen zesummegeat, déi all fënnef Joer bei de Sozialwahlen gewielt ginn:

- D'Membre-effectif
- D'Membre-suppléanten

Si hunn d'Recht, der Regierung Virschléi ze maachen zu Beräicher, déi an hirer Kompetenz leien. D'Regierung muss am Géigenzuch d'Chambre professionnelle ëm hir Meenung froen, wann si e Gesetz oder e Règlement grand-ducal, dat haaptsächlech dës Berufsgrupp betrëfft, duerchsetze wëllt.

Zënter dem 4. Abrëll 1924 ginn et zu Lëtzebuerg fënnef Chambre-professionnellen, dorënner dräi fir d'Patronen an zwou fir d'Salariéen.

KONTAKT

Chambre des salariés

18, rue Auguste Lumière
L-1950 Lëtzebuerg
B.P. 1263
L-1012 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 27 49 42 00
Fax: (+352) 27 49 42 50
E-Mail: csl@csl.lu
Internetsäit: www.csl.lu

Chambre des Métiers du Grand-Duché de Luxembourg

2, Circuit de la Foire Internationale
Lëtzebuerg-Kierchbierg
B.P. 1604
L-1016 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 42 67 67 – 1
Fax: (+352) 42 67 87
E-Mail: contact@cdm.lu
Internetsäit: www.cdm.lu

Chambre des fonctionnaires et employés publics

11A, avenue de la Porte-Neuve
L-2227 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 47 22 24
Fax: (+352) 47 23 74
E-Mail: chfep@chfep.lu
Internetsäit: www.chfep.lu

Chambre de Commerce

7, rue Alcide de Gasperi, Lëtzebuerg-Kierchbierg
Postadress: L-2981 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 42 39 39 – 1
Fax: (+352) 43 83 26
E-Mail: chamcom@cc.lu
Internetsäit: www.cc.lu

Chambre de l'agriculture

261, route d'Arlon
B.P. 81
L-8001 Stroossen
Tel.: (+352) 31 38 76 – 1
Fax: (+352) 31 38 75
E-Mail: info@lwk.lu
Internetsäit: www.lwk.lu

» GEWERKSCHAFTEN

Zu Lëtzebuerg sinn d'Syndicaten op fräiwëlleger Basis. Déi wichtegst Confederatioune sinn d'CGFP, d'FN-CTTFEL, den OGB-L, den LCGB, d'FGFC an d'ALEBA.

GEWERKSCHAFTEN A KOLLEKTIVVERTRÄG

D'Gewerkschaften hunn d'Recht, e Kollektivvertrag ofzeschléissen. Et handelt sech hei ëm e Kontrakt iwwert d'Aarbechtskonditiounen an d'Relatiounen, deem tëschent de Vertrieder vun de Salariéen an de Patronen, oder de Vertrieder vun de Patronen, ënnerschriww gëtt.

All Konventioun, Aarbechtsvertrag, internt Reglement oder aner Bestëmmung, déi ofgeschloss gëtt an net mam Gesetz oder de bestoende Konventiounen iwwertenee stëmmt, ass net gültig, ausser se ass favorabel fir d'Salariéen.

MUSS ECH AN ENG GEWERKSCHAFT GOEN?

Nee, zu Lëtzebuerg ass d'Affiliatioun bei enger Gewerkschaft fräiwëlleg.

KONTAKT

ALEBA

29, av. Monterey
L-2163 Lëtzebuerg
B.P. 325
L-2013 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 22 32 28 – 1
Internetsäit: www.aleba.lu

CGFP

28, Dernier Sol
L-2543 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 26 48 27 27
Fax: (+352) 26 48 29 29
E-Mail: cgfp@cgfp.lu
Internetsäit: www.cgfp.lu

FGFC

66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tel.: (+352) 40 77 20 – 1
Fax: (+352) 40 77 20 – 40
Internetsäit: www.fgfc.lu

FNCTTFEL-Landesverband

63, rue de Bonnevoie
L-1260 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 48 70 44 – 1
Fax: (+352) 48 85 25
E-Mail: info@landesverband.lu
Internetsäit: www.landesverband.lu

LCGB

11, rue du Commerce
B.P. 1208
L-1012 Lëtzebuerg
Tel.: (+352) 49 94 24 – 1
Fax: (+352) 49 94 24 – 49
E-Mail: info@lcgb.lu
Internetsäit: www.lcgb.lu / blog.lcgb.lu

OGB-L

B.P. 149
L-4002 Esch-Uelzecht
Tel.: (+352) 54 05 45 – 1
Fax: (+352) 54 16 20
E-Mail: ogbl@ogbl.lu
Internetsäit: www.ogbl.lu

LOGEMENT

Mise à jour 2018

» ENG WUNNENG FANNEN

D'Sich no enger Wunneng geet meeschtens iwwert Annoncen (Verkauf a Locatioun), déi an der Zeitung an op bestëmmten Internetsitte publizéiert ginn, z.B. op www.athome.lu. Du kanns awer och direkt iwwert eng Immobilienagence fueren.

D'Informatiounen vum Observatoire de l'Habitat kënnen dir heibäi och ganz nützlich sinn. Dee sammelt all d'Donnéeën iwwert de Wunnengsmaart an analyséiert d'Offeren an d'Präisser vun de Wunnengen an de Baurrainen. (<http://observatoire.liser.lu/>)

» ENG WUNNENG LOUNEN

Wann s du iwwert eng Immobilienagence fiers, fir eng Wunneng ze lounen, muss du dir bewusst sinn, dass an der Reegel d'Frais fir d'Agence bei engem Mount Loyer leien, wou dann nach eng Kéier 15% TVA dobäi kommen. Och d'Garantie locative fir de Propriétaire vun der Wunneng ka bis zu 3 Méint Loyer ausmaachen.

Kuck och um Site vum Guichet Citoyens, fir dech iwwert d'Demarché fir d'Locatioun vun enger Wunneng an déi verschidden „Wunnengsbäihëllefen“ ze informéieren (www.guichet.public.lu).

» ENG WUNNENG KAFEN

Kuck um Site vum Guichet Citoyens, fir dech iwwert d'Demarché fir d'Acquisitioun vun enger Wunneng an déi verschidden Hëllefen ze informéieren (www.guichet.public.lu).

» WUNNENGSBÄIHËLLEFEN

De Guichet unique des aides au logement vum Wunnengsbau- a vum Infrastrukturministère bitt Dir Informatiounen zu folgenden Themen:

- D'Wunnen op gesetzlechem, administrativem an techneschem Plang
- Individuell Hëllef fir de Logement
- Bautechniken a Gesetzer
- Ekologesch a performant Bauen op Basis vum Energieplang

De Logementsministère proposéiert ënnert anerem eng grouss Palett vun Hëllef, wéi zum Beispill d'Prime d'acquisition, d'Prime de construction oder d'Subventioun de loyer. Denk och un de Crédit d'impôt op d'notariell Akten bzw. d'Zréckbezuele vun der TVA um Logement, Mesuren déi vun der Administration de l'enregistrement et des domaines proposéiert ginn.

» SUBVENTIONÉIERT WUNNENGEN AN D'GESTION LOCATIVE SOCIALE

Leit mat niddregem Akommes hunn d'Méiglechkeet, eng Wunneng iwwert d'Agence Immobilière Sociale (AIS) ze lounen. Si stellt d'Wunneng, déi ee während maximal dräi Joer ka lounen, zu engem korrekten Präis zur Verfügung.

De Fonds du Logement an d'Société nationale des habitations à bon marché sinn ëffentlech

Promoteure vum Marché vun de subventionéierte Wunnengen, bei deenen een Wunnengen kafen oder lounen kann, wann ee verschidde Konditiounen erfëllt.

Méi heizou op www.guichet.lu.

Internet: www.luxembourg.lu
www.guichet.lu (Rubrik „Logement“)
www.logement.lu
www.snhbm.lu
www.fondsdulogement.lu
<http://observatoire.liser.lu>



**ECH MAACHE
MECH SELBSTÄNNEG**

**(FRÄIBERUFFLER /
INDEPENDANT)**

MENG EEGEN ENTREPRISE GRÛNNEN

Mise à jour 2018

Du hues eng gutt Iddi a wëlls gär dän eegene Patron ginn? Oder du wëlls eng Entreprise, déi et scho gött, iwwerhuelen? Hei kommen eng ganz Rei Froen op dech zou. Et gëllt, wichteg juristesche, finanziell a steuerlech Aspekter an Uecht ze huelen, ouni awer seng eegen Ambitiounen an Iddien dobäi ze vergiessen.

An dësem Kapitel fënns du vill Informatiounen, déi dir op dengem Wee kënnen weiderhëllefen.

HOUSE OF ENTREPRENEURSHIP – ONE-STOP SHOP

Mise à jour 2018

D'Zil vum House of Entrepreneurship – ONE-STOP SHOP – ass et, zukünftegen, esou wéi och schon etabléierten Entrepreneuren eng ëmfangräich Palett Servicer unzëbieden, a soumat all d'Schrëtt vun der Firmegrënnung ënnert een Daach ze bréngen.

» VUN DER IDDI BIS ZUR SELBSTÄNNEGKEET

All Firmegrënnung fänkt mat enger Iddi un.

Fir dass aus där Iddi eng Kéier e konkrete Projet gött, ass et fir d'alleréischt mol wichteg, dass den zukünftegen Entrepreneur seng Iddi op Pabeier festhält.

Den éischte Schrëtt ass d'Definitioun vun der sougenannter „Value proposition“. Verschidde Methoden an Approchen, wéi z.B. de Business Model Canvas, erméiglechen et, de Geschäftsmodell ze entwéckelen, a gläichzäiteg den ekonomesche Potential vum Projet schonn um Stadium vun der Iddi ze analyséieren, an idealerweis ze beweisen, dass effektiv Potential do ass.

Déi zweeten Etapp ass deemno de Business-Plang. Bei dësem Dokument handelt et sech ëm eng präzis an detailléiert Analys, déi engem dobäi hëlleft, Struktur a säi Projet ze bréngen an eventuell Schwächen ze erkennen.

Dobäi ass et wichteg, dass ee sech Zäit hält a Gedanke mécht, well dës Phas vun der Firmegrënnung ass net nëmme wichteg, fir seng Iddien ze konkretiséieren, de Business-Plang kann och zu engem spéidere Moment dozou déngen, Anerer vu sengem Projet ze iwwerzeegen (z.B. fir finanziell Ënnerstëtzung vum Staat oder eng Finanzéierung vun der Bank).

» ACCÈS ZU REGLEMENTÉIERTE BERUFFER: AUTORISATION D'ÉTABLISSEMENT

Wann ee säi Konzept bis kloer definéiert huet, stellt sech d'Fro, wéi eng Autorisatioun(en) een elo brauch, fir de Projet och effektiv lancéieren ze kënnen.

De lëtzebuergesche Legislatuer gesäit am Prinzip fir all kommerziell, handwierklech an industriell Aktivitéit eng obligatoresch Autorisatioun am Kader vum „Droit d'établissement“ vir.

Soubal eng Aktivitéit dauerhaft op lëtzebuergeschem Territoire ausgeübt gött, muss déi betraffe Firma sech op lëtzebuergeschem Staatsgebitt néierloossen an hir Aktivitéit vun engem feste Standuert aus ausüben.

Déi sougenannten „Autorisation d'établissement“ muss vun där Persoun, déi spéider fir d'Gestioun vun der Entreprise zoustänneg wäert sinn, bei der „Direction générale PME et Entrepreneuriat“ vum Ekonomiesministère ugefrot ginn.

Fir déi Autorisatioun ze kréien, muss den Demandeur verschidde Viraussetzungen erfëllen:

- E feste Sëtz zu Lëtzebuerg: Der Demandeur muss e Beweis vun engem dauerhafte Firmsëtz zu Lëtzebuerg bällegeen. Dobäi ass och nach wichteg, dass dës mat där Adress, vun där den Demandeur vun der „Autorisation d'établissement“ effektiv a regelméisseg d'Gestioun vun der Entreprise aus assuréiert, iwwerteneestëmmt.
- Iwwert déi adequat Qualifikatiounen verfügen – déi hänke vun der Aktivitéit of. Se reeche vu Grondkenntnisser an der Firmegestioun, iwwer spezifesch berufflech Qualifikatiounen, bis hin zum Universitätsdiplom.
- Seng berufflech Integrität nowiesen: Déi berufflech Integrität gött unhand vun der juristescher Virgeschicht vum Demandeur beurteelt.

» WÉI ENG RECHTSFORM (FORME JURIDIQUE) AUSWIELEN?

Nieft der Fro iwwert déi néideg Autorisatioun(en), muss ee sech och Gedanken driwwer maachen, wéi eng Rechtsform am beschten zu senger Aktivitéit an der perséinlecher Situatioun passt.

Dës Decisioun soll gutt iwwerluecht sinn, well d'Rechtsform huet spéiderhin e signifikativen Impakt op de Fonctionnement vun där frësch gegrënnter Struktur.

Den Entrepreneur muss sech fir d'éischt tëschent der „Entreprise am eegenen Numm“ an der Handelsgesellschaft entscheiden.

» ENTREPRISE AM EEGENEN NUMM

D'Entreprise am eegenen Numm ass eng Rechtsform ënnert där den Entrepreneur, Handwierker oder Geschäftsmann selwer decidéiert a seng Aktivitéite selwer finanziert.

Des Weideren ass et wichteg ze wëssen, dass d'Entreprise am eegenen Numm keng eegen Entitéit ass. Dat bedeit, dass d'Entreprise an den Entrepreneur net vunenee ennerscheidbar sinn. Dëst dréit mat sech, dass dem Entrepreneur seng Responsabilitéit vis-à-vis vun Drëttparteien (Scholde vun der Entreprise) net limitéiert ass, an e mat sengem perséinleche Besëtz haft.

De Virdeel vun der Entreprise am eegenen Numm läit an der einfacher Gestoun, respektiv de wéinege Formalitéiten, déi néideg sinn, fir esou eng Entreprise ze grënnen an ze leeden.

Den Entrepreneur ass net obligéiert, e Mindestkapital ze hunn, a brauch och keng Statute fir seng Aktivitéit ze lancéieren.

» HANDELSGESELLSCHAFTEN

D'Handelsgesellschaften sinn an dräi Gruppen opgedeelt:

- Kapitalgesellschaften
- Persounengesellschaften
- Hybrid Gesellschaften

Mir konzentréieren ons an dësem Text an éischer Linn op d'Kapitalgesellschaften an op d'hybrid Gesellschaften, well déi Rechtsformen zu Lëtzebuerg am meeschte verbreet sinn.

» KAPITALGESELLSCHAFTEN

Bei de Kapitalgesellschaften ass déi meescht verbreete Gesellschaftsform d'Société anonyme (S.A.). Heibäi handelt et sech ëm eng Rechtsform, déi oft vu gréisserer Firma gewielt gëtt. Mee doduerch, dass d'Undeeler einfach kënne verkaf ginn, kann d'Société anonyme och fir méi kleng Strukturen interessant sinn.

De gréisste Virdeel vun dëser Gesellschaftsform ass, dass d'Responsabilitéit vun den Aktionäre sech just op d'Kapital limitéiert.

Zousätzlech erméiglecht dësen Typ vu Gesellschaft en einfachen Accès op den Aktiemaart.

Eng S.A. ka just duerch en Notaire, deen zu Lëtzebuerg etabléiert ass, gegrënnt ginn. Des Weideren ass e Kapital vu mindestens 30.000 € néideg an et brauch ee minimum eng natierlech Persoun (personne physique) oder eng juristesche Persoun (personne morale), fir d'Gesellschaft kënnen ze grënnen.

» HYBRID GESELLSCHAFTEN

An der Kategorie vun den hybride Gesellschaften sinn d'S.à r.l. an d'S.à r.l.-S.

D'Société à responsabilité limitée (S.à r.l.) ass déi meescht verbreete Rechtsform zu Lëtzebuerg. Ongeféier d'Halschent vun all de Gesellschaften zu Lëtzebuerg si Société-à-responsabilité-limitéeën.

Genau wéi bei der S.A., geet d'Responsabilitéit vun den Associéë vun enger S.à r.l. bis maximal de Montant vum Kapital. Bei der Grënnung vun enger S.à r.l. muss den Entrepreneur iwwert e Kapital vu mindestens 12.000 € verfügen. Wann d'Gesellschaft bis gerënnt ass, kann den Entrepreneur déi 12.000 € fir seng Aktivitéit benotzen.

Eng S.à r.l. ka mat engem eenzegen Associé (S.à r.l. unipersonnelle) bis hin zu maximal 100 Associéë gegrënnt ginn. Dës Rechtsform ka just vun engem zu Lëtzebuerg etabléierten Notaire gegrënnt ginn. Des Weidere brauch ee mindestens eng natierlech Persoun oder eng juristesche Persoun, fir d'Gesellschaft kënnen ze grënnen.

Mam Zil, méi Wuesstem, Aarbechtsplazen an Innovatioun ze schafen, gëtt et zu Lëtzebuerg zënter dem 16. Januar 2017 eng nei Rechtsform. Rieds ass vun der Société à responsabilité limitée simplifiée (S.à r.l.-S).


De gréissten Ënnerschied zu der klassescher S.à r.l. läit beim Mindestkapital a bei den néidege Grënnungsformalitéiten.

Fir eng S.à r.l.-S. ze grënnen, ass mindestens 1 € Kapital néideg. Den Entrepreneur ka seng Statute selwer schreiwen an d'Gesellschaft beim Registre de Commerce et des Sociétés - Luxembourg (RCSL) ouni Hëllef vun engem Notaire selwer grënnen.

D'Viraussetzung fir eng S.à r.l.-S. grënnen ze kënnen, ass d'Areche vun enger Demande d'autorisation d'établissement beim Ekonomiesministère. Deemno kann ee just eng S.à r.l.-S. grënnen, wann een am Viraus eng Autorisatioun ugefrot huet, an d'Aktivitéit déi een envisagéiert och effektiv vum „Droit d'établissement“ reglementéiert ass.

FNR.lu

The FNR is the main funder of research activities in Luxembourg. We invest public funds and private donations into research projects in various branches of science and the humanities, with an emphasis on selected core strategic areas. Furthermore, we support and coordinate activities to strengthen the link between science and society and to raise awareness for research. We aim to establish Luxembourg as a leading knowledge-based society through science, research and innovation.



Well ee just 1 € Kapital brauch, fir eng S.à r.l.-S ze grënnen, huet de Legislatueur virgesinn, dass all S.à r.l.-S um Enn vum Joer, en zwanzegstel (5%) vum Nettobenefice als Reserv op der Sait hale muss. Dës Reserv ass eng Obligatioun bis dass dat initialt Kapital, zesumme mat der Reserv e Montant vun 12.000 € errechen.

» ADMINISTRATIOUNEN

Wann den Entrepreneur seng Autorisatioun bis huet, muss e sech nach bei enger Rei vun Administratiounen umellen, éier e mat senger Aktivitéit ufänke kann.

Registre de Commerce et des Sociétés - Luxembourg (Handelsregister)

- **Am Fall vun enger Entreprise am eegene Numm (am eegene Numm, Fräiberuffler)** muss den Entrepreneur sech, nodeems e seng „Autorisation d'établissement" op de Centre Commun de la Sécurité Sociale (CCSS) siche war, iwwert en elektronischen Depot als natierlech Persoun beim Registre de Commerce et des Sociétés - Luxembourg (RCSL) immatrikuléieren. Dës Obligatioun betrëfft awer just Entrepreneuren, déi eng kommerziell, industriell oder handwierklech Aktivitéit ausüben. Fräiberuffler müssen sech net um Handelsregister umellen.
- **Am Fall vun enger Handelsgesellschaft (S.A., S.à r.l., asw.)** müssen d'Stute vun engem Notaire opgestallt ginn. Den Notaire këmmert sech ëm d'Areche vun de Stute beim RCSL.
- **Am Fall vun enger Société à responsabilité limitée simplifiée (S.à r.l.-S)** muss den Entrepreneur, nodeems e seng „Autorisation d'établissement" vum Ekonomiesministère krut, iwwert en elektroneschen Depot oder andeems en e Rendezvous hält, seng Stute beim Registre de Commerce et des Sociétés - Luxembourg (RCSL) areeche an domat seng Gesellschaft grënne.

Centre Commun de la Sécurité Sociale (CCSS): Fir seng Sozialbäitrag ze bezuelen, muss den Entrepreneur sech beim CCSS affiliéieren. Am Fall wou den Entrepreneur Personal engagéiere wëll, muss en nach zousätzlech eng „Déclaration d'exploitation" areeche. Jeenodeem wéi héich d'Akomes pro Mount vum Entrepreneur ass, kann hien beim CCSS speziell Regimer ufroen, déi u säi Revenu adaptéiert sinn.

Administration de l'Enregistrement et des Domaines (AED): Fir kënne Rechnungen ausstellen, muss den Entrepreneur sech bei der AED aschreiw an eng TVAsnummer ufroen. Jeenodeem wéi héich den Émsaz pro Joer ass, kann den Entrepreneur eng TVA-Befreiung ufroen a soumat och ouni TVA fakturéieren, wat den Gewënn an / oder d'Kompetitivitéit vun der Entreprise erhéicht.

Administration des contributions directes (ACD): Am Prinzip gëtt den Entrepreneur automatesch vun der Steierverwaltung (ACD) kontaktéiert, fir senger steierleche Verpflichtungen nozekommen. Falls deem net sou wier, muss dee Betreffene selwer eng sougenannten „Déclaration initiale" bei der ACD areeche.

Jiddereen, dee sech fir den Entrepreneuriat zu Lëtzebuerg interesséiert oder einfach nëmme virwëtzeg ass, ass härezech wëllkomm, d'House of Entrepreneurship ze besichen.

KONTAKT

House of Entrepreneurship – One-Stop Shop

14, rue Erasme

L-1468 Lëtzebuerg-Kierchbierg

Tel.: (+352) 42 39 39 - 330

E-Mail: info@houseofentrepreneurship.lu

Internetsait: www.houseofentrepreneurship.lu

Öffnungszäiten: Méindes bis freides vun 8:30 bis 18:00 Auer

LUXINNOVATION

Mise à jour 2018

Niewent dem House of Entrepreneurship ginn et och nach eng Rei aner Partner, déi dir hëllefen, dech selbstänneg ze maachen, wéi zum Beispill Luxinnovation (Agence nationale pour la promotion de l'innovation et de la recherche). Si hëlleft dir dobäi, däi Projet op Häerz an Nieren ze präiw, an dat vun der Iddi bis de Suivi, no der Grënnung vun denger Entreprise.

KONTAKT

Luxinnovation GIE

7, rue Alcide de Gasperi

L-1615 Lëtzebuerg-Kierchbierg

Tel.: (+352) 43 62 63 - 1

Fax: (+352) 43 81 20

E-Mail: info@luxinnovation.lu

Internetsait: www.luxinnovation.lu



D'ACEL Lidderbuch App,
 elo am App Store an am Google Play





CHERCHEUR GINN

DÉI ÉISCHT SCHRËTT A RICHTUNG CHERCHEUR

Mise à jour 2018

Bei dem Choix vun der Dokteraarbecht dierf ee sech ni op eng eenzeg Recommandatioun baséieren. Vill Studente froen hir Professerer ëm Rot, wéi eng Recherche-Aarbecht se wuele sollen. Esou een Avis ass natierlech wichteg, mee fir de Choix vun der Dokteraarbecht an der spéiderer Aarbecht soll ee sech op alle Fall och nach op anere Plazen informéieren, wéi zum Beispill um Internet, op de sozialen Netzwerker, oder bei aneren Doktoranten, déi schonns eng gewëssen Erfahrung an deem Beräich gesammelt hunn. Donieft gëtt et vill Literatur iwwert d'Recherche an et ass wichteg, d'Hauptwierker an der Recherche emol duerchezulesen. Ausserdeem soll een och e Bléck op d'international Ranking werfen, déi engem dann Informatiounen doriwwer ginn, wéi beléift dës Themen an der Recherche sinn. Allgemeng soll ee sech och déi verschidden Alternativen zur Recherche an de gewielten Disziplinen ukucken.

» WIE MUSS ECH KONTAKTÉIEREN?

D'europäesch Associatioun Eurodoc (<http://eurodoc.net/members/>) huet national Memberassociatiounen an de meeschten EU-Länner. An dëse Reseau vum den Doktorantë fënnt ee vill Informatiounen zur Recherche a si maachen engem d'Dieren op, wat Kontakter an der Recherche ugeet. LUXDOC ass déi lëtzebuergesch Memberassociatioun vum Eurodoc (www.luxdoc.org). Et ass och gutt, am Viraus bei senger Universitét nozefroen, well si sécherlech Kontakter an hirem internationalen akademesche Reseau huet, mat deene si dech a Verbindung bréngen kann.

» DÉI VERSCHIDDE MÉIGLECHKEETEN, FIR E POSTEN AN DER RECHERCHE ZE FANNEN

„Euraxess“ ass en internationale Reseau, dee vill Informatiounen fir jonk Chercheure bitt. Dëst Portal proposéiert Chercheursposten a Boursen oder Financementprogrammer fir déi verschidden europäesch Länner (ec.europa.eu/euraxess).

» WÉI KOMMEN ECH U FINANZIELL ËNNERSTÛTZUNG ZU LËTZEBUERG?

Zu Lëtzebuerg ginn et eng Rei Institutiounen, déi de Chercheure finanziell ënnert d'Ärem gräife kënnen, dorënner de Fonds National de la Recherche (www.fnrlu), virun allem mat sengem Programm „PRIDE“, an deem de Chercheur Formatiounen an den Hauptgebäidder vun der Recherche zu Lëtzebuerg fënnt. Dëse Programm huet fir 2016-2017 ongeféier 140 Poste fir Doktoranten erméiglecht, souwuel op der Universitét zu Lëtzebuerg (www.uni.lu), wéi an de staatlechen Institutiounen vun der Recherche, wéi de LIST (www.list.lu), den LIH (www.lih.lu) an de LISER (<https://www.liser.lu/>). All dës Poste fënnt een och an der Sektoun „Jobs“ op dem Site vum Euraxess Lëtzebuerg (www.euraxess.lu). Iwwert säi Programm „AFR Individual“ finanziert den FNR eng limitéiert Unzuel vun Doktorater vun individuelle Kandidaturen, an dat net nëmmen a Kollaboratioun mat der Uni.lu oder mat engem vun de Recherchezentren zu Lëtzebuerg, mee och mat Universitëten am Ausland an – am Programm „Industrial Fellowships“ – mat Entrepreneuren déi zu Lëtzebuerg baséiert sinn. Dës verschidde Méiglechkeeten, fir seng Aarbecht ze financéieren sinn natierlech jeeweils u spezifesch Konditiounen gebonnen, déi während dem Lancement vu sougenannten „Appel-à-propositions“ am Detail beschriwwen sinn. Du fënns dës um Site vum FNR (www.fnrlu), ënnert der Rubrik „Funding Instruments“. Reegelméisseg Informatiounen zu den Appeller ginn et och an der FNR Newsletter an an de soziale Medien vum FNR (FB, Twitter a LinkedIn).

» WAT FIR PRECAUTIONNE MUSS ECH HUELEN?

Et ass hei wichteg, en Doktorat ze sichen an engem Domaine, an deem et nach vill Nofro vun der Industrie gëtt, wéi zum Beispill an de STEM-Domänen (Wëssenschaft, Technologie, Ingenierie a Mathematik). Du muss hei e Choix treffen, deen dech aus der Mass eraushiewe wäert. Beispillsweis wäerte Fraen an Zukunft an de genannte STEM-Domänen vill gesicht ginn. Et ginn och ëmmer méi interdisziplinär Rechercheprogrammer, mee eier s du dech fir esou Programmer entscheeds, muss du dech ëm hire Ruff reiseignéieren, soss kann d'Interdisciplinaritéit méiglecherweis Nodeeler fir deng spéider Carrière mat

sech bréngen.

Dat bescht ass, den Doktorat esou séier wéi méiglech (no dräi bis véier Joer) mat dengem Recherche-Superviseur ze definéieren. Hei ass et wichteg, dass du an där Zäit eng gutt Relatioun souwuel mam Supervisor ewéi och mat den Aarbechtskollegen häs an deem s du mat hinnen a reegelméissegem Kontakt bleifs, ouni dech hinnen ze imposéieren. Et wier och gutt, wann s du géings envisagéieren, déi eng oder aner Artikelen a bekannte wëssenschaftlechen Zeitungen ze verëffentlechen. Probéier och, duerch wëssenschaftlech Reseauen eng gewësse Visibilitéit ze erreechen, zum Beispill duerch wëssenschaftlech Präisser an duerch Evaluatiouns- oder Editiounsaarbechten, an eng gewëssen Experienz am universitären Enseignement ze kréien, ouni däi Projet aus den Aen ze verléieren.

Zu gudder Lescht, envisagéier och net-wëssenschaftlech Formatiounen en vue vun denger zukünftiger Carrière, a maach och Stagë während dengem Doktorat, fir deng Perspektiven ausserhalb vun dem Aarbechtssecteur vun der universitärer Fuerschung ze erhéijen.



Vous êtes jeune, dynamique et vous recherchez un stage ou un premier emploi ?

Vous voulez travailler dans une entreprise

- ✓ Innovante
- ✓ Dynamique
- ✓ En plein développement
- ✓ Fortement orientée client
- ✓ Bien implantée sur le marché et jeune d'esprit

Et bénéficier

- ✓ D'un climat coopératif
- ✓ D'un salaire attrayant
- ✓ D'un programme de formation continue
- ✓ D'un plan de santé et bien-être au travail
- ✓ De nombreux avantages extralégaux

Si **OUI**, rendez-vous sur baloise.lu/jobstarters

This image shows a full page of a document template. It consists of a white background with approximately 20 horizontal dashed lines spaced evenly apart, providing a guide for handwriting or typing. The lines extend across the entire width of the page.

[illegible]

[illegible]

[illegible]

Seuls les textes légaux font foi (Mémorial A, Code du Travail).

Les informations contenues dans la présente publication ne préjudicient en aucun cas à une interprétation et application des textes légaux par les administrations étatiques ou les juridictions compétentes.

Le plus grand soin a été apporté à la rédaction de cette brochure. L'éditeur ou l'auteur ne peuvent être tenus responsables d'éventuelles omissions ou erreurs dans le présent ouvrage ou de toute conséquence découlant de l'utilisation des informations contenues dans la présente publication.

Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?



Job Portal

...



JE NE SUIS PAS ACTIF QUE LE SAMEDI SOIR



Avec **axxess JOB**, vous profitez gratuitement pendant deux années du compte ZEBRA Premium aux multiples avantages, dont une carte de crédit Mastercard Gold. En plus : une avance de fonds gratuite, un prêt au logement et un prêt personnel à des conditions de faveur pour démarrer à fond dans la vie active. Car lorsqu'on est jeune et actif, on l'est 7 jours sur 7 ! Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur axxess.lu

axxessJOB
100 % JEUNE. 100 % VOUS.


SPUERKEESS